En étroite collaboration avec le Conservatoire de Musique de la Ville d'Esch-sur-Alzette, les musiciens ont préparé, sous la direction du chef d'orchestre Jean Halsdorf (LU), trois œuvres symphoniques : Danzas Gitanas (Joaquín Turina), L'Arlésienne Suite n°1 (Georges Bizet) et Carmen Ouverture (Georges Bizet). Au répertoire d'orchestre s'ajoutent des pièces pour chœur et pour musique de chambre que les musiciens ont travaillé sous la direction de Cordelia von Dombois (DE) pour le chœur, de Marija Basic (HR) pour les bois, de Christopher Dufay (FR) pour les cuivres et de Jean Halsdorf et Laurène Schuller (LU) pour les cordes.

Le résultat du travail intensif lors des répétitions a été présenté au public lors de deux concerts, le premier ayant eu lieu le samedi 23 juillet au Conservatoire d'Esch-sur-Alzette et le deuxième, le dimanche 24 juillet à la Place d'Armes à Luxembourg-Ville. En outre, une animation musicale présentant une partie du programme musical a été organisée le vendredi 22 juillet au Centre Commercial Belval Plaza.

Le but de la Semaine Internationale de Musique en tant qu'échange culturel n'était pas uniquement de partager la passion musicale mais d'offrir également la possibilité aux jeunes de s'inscrire à des activités et ateliers non-musicaux proposés par les musiciens eux-mêmes ou par les professeurs.

Entre autres, les jeunes ont visité le musée de l'Union Européenne à Schengen où ils ont eu l'occasion d'apprendre un peu plus sur l'histoire de l'Union Européenne, le traité de Schengen, et l'importance du maintien de la paix sur le continent européen. Lors de soirées d'échange culturel, chaque groupe a présenté son pays, ce qui a beaucoup plu aux musiciens ayant goûté à de délicieuses spécialités culinaires.

Ce projet s'est révélé un vrai succès pour les musiciens qui ont pu créer de belles relations avec des jeunes d'autres pays en faisant de l'échange culturel un plaisir plutôt qu'un devoir !

La 36e Semaine Internationale de Musique a été réalisée avec le soutien des organisations partenaires suivantes : Association « Musique en Liberté » (F), Glazbena škola Josipa Hatzea (HR), Internationaler Arbeitskreis für Musik (IAM) (D), Lycee « Sdruzeni Rodicu Gymnazia Jiriho z Podebrad » (CZ), Musikkpedagogene Norge (NO), Servicio de Juventud, Ayuntamiento de Murcia (E), Tarptautiniu kulturos projektu centras (LT) et Zdruzenie na gragjani muzicki i baletski pedagozi Skopje (MK).

ESCH · Conservatoire de Musique Esch sur Alzette · Ville de Luxembourg

16. Juli – 22. Juli 2022 am Mariendall

Musekswoch Mariendall

Text : **Michelle VAN DIJK** | Photos: **Michelle VAN DIJK**

«Ech ginn ëmmer rëm immens gär an de Mariendall, well et superflott ass, an ech all Kéier nei Frënn fannen,oder Frëndinnen erëmgesinn. Meng Mamm ass schonn ëmmer op sou Stagen gaang, an si huet haut nach ganz gutt Frëndinnen,wou si deemools kennegeléiert huet. An et léiert ee ganz vill aner Saachen.» Lori H.

«Eng Musekswoch, wéi am Mariendall, ass ëmmer ganz flott, well een do mat méi Leit vu sengem Regëster an och am Orchester zesumme prouft. Een Highlight ass och ëmmer den Ofschlossconcert mat eisem Danz an Gesang. Nieft der Musek, dem Danzen an dem Sangen maache mer och ëmmer flott Aktivitéiten. Et entstinn nei Frëndschaften an et ass allgemeng eng super Erfarung.» Carole S.

«Ich fand es toll, dass wir in einem Orchester spielen durften, denn ich habe noch nie in einem Orchester gespielt. Ich habe mich jedes Mal sehr gefreut wenn wir Probe hatten. Es ist schön zusammen Musik zu machen. Die “kreativen Ateliers” und die Spiele am Abend haben auch viel Spaß gemacht. Das Tanzen mochte ich nicht so gerne, weil ich einfach nicht gerne tanze. Der “Stage” war mega cool. Ich wäre am liebsten länger dort gewesen.» Mia K.

«Ech hu mech all Joer op d’Musekswoch gefreet. Et ass e flotte Stage, wou ee säin Hobby maache kann, zesumme mat anere Jonken, déi di selwecht Interessen hunn.

D’Stëmmung ass gutt, an d’Enseignanten an d’Animateure si léif an engagéiert.

Mir hunn d’Instrumentalprouwen an d’Owesanimatiounen am Beschte gefall.» Marie G.

«Mir gefällt un der Musekswoch am beschten, dass een nei Frënn aus dem ganze Land fënnt déi och Musek maachen a mat deenen een iwwer Musek schwätze kann. Déi Frënn gesäit een dann hoffentlech emol am Conservatoire oder op engem Concert erëm a wann net, dann hoffentlech an der nächster Musekswoch.

Et ass schéin, dass een zesumme kann an engem Ensembel spillen an dass een a verschiddene Gruppen un de Stécker schafft. Wat och flott ass, ass dass mir och aner interessant Aktivitéite maachen an dass et gutt z’iesse gëtt :)» Olivier S.

«Et ass ee Musekstage, mat wäit méi groussem Mehrwert, wéi säin Instrument dono besser ze beherrschen. Aus der Vu vum Moniteur a fréierem Participant, ass et schéin ze gesinn, dass Frëndschaften, déi sech op dëse Stagë bilden, fir e Liewe kënne bleiwen.» Laurent A. (Animateur)

«D’UGDA Musekswoch – ee musikalescht Erliefnis! D’Musekswoch Mariendall ass déi perfekte Geleeënheet fir nei Frënn a Kolleege kennenzeléieren, an dobäi zesummen ze danzen, ze sangen an en Instrument ze spillen. Et ass ëmmer erëm eng onvergiesslech Zäit.» Michel W. (Animateur)

«D’Haaptzil vun eiser Musekswoch ass engersäits d’Freed an de Spaass um gemeinsame Musizéieren an anersäits awer och Wäerter ewéi Respekt a Toleranz ze vermëttelen. Et ass ëmmer nees schéi ze gesinn, wéi Frëndschaften tëscht den ënnerschiddlechste Kanner entstinn.» Michelle vD (Chef de Stage)

Michelle van Dijk:	Chef de stage/Saxophon
Ivan Boumans:	Kompositioun
Stéphanie Evrard:	Danz
Amanda Jouck:	Klarinett
Yasmine Leches:	Trombonn/Chouer
Stefano Sabbatini:	Flütt
Pit Sibenaler:	Percussioun
Luca Wolff:	Trompett/Orchester

Animatioun
Laurent Agostino
Lara Becker
Scarlett de Windt
Laureen Drockenmüller
Ken Louis
Macy Magar
Michel Weber

lalux
ASSURANCES

Un bon resto grâce aux **économies d'impôts ?**

Faites votre simulation sur :
lalux.lu

easyLIFE | **PENSION**

18.07-23.07.2022 in Hollenfels

Musekswoch fir Ufänger

Text : **Claudine SCHOTT** Photos: **Claudine SCHOTT**

Montag, 17. Juli um 9:00 Uhr in Hollenfels: nach und nach kommen die 40 junge Teilnehmer im Alter von 7 bis 11 Jahren in der Burg in Hollenfels an. Nachdem die „Musekswoch fir Ufänger“ 2020 leider gar nicht, und 2021 nur unter einschränkenden Bedingungen (weiniger Teilnehmer, PCR-Test, Maskenpflicht) stattfinden konnte, freuten sich alle 40 Schüler, 6 Lehrgangsbetreuer und 8 Lehrer auf eine unvergessliche Woche mit viel Spaß, gemeinsamem Musizieren, Tanz und Gesang.

Nachdem die Teilnehmer ihre Zimmer bezogen, die Betten gemacht und sich von ihren Elteren verabschiedet hatten, folgte eine Kennenlernrunde mit allen Beteiligten. Nach dem Vorstellen der Lehrer und Lehrgangsbetreuer, lernten die Schüler sich anhand unterschiedlicher Spiele untereinander besser kennen.

Anschließend folgte auch schon die erste musikalische Probe in den Kleingruppen, in welchen, nach Instrumenten aufgeteilt, Duos und Trios, sowie die Orchesterstücke einstudiert wurden. Nach dem Mittagessen standen nun Tanz, Chorgesang und Orchester auf dem Tagesplan. Für viele der jungen Teilnehmer war es die allererste Orchestererfahrung überhaupt. Es ist anfangs nicht leicht die Noten zu lesen, das Instrument korrekt zu spielen und dann noch auf den Dirigenten zu schauen. Gerade in diesem Bereich sieht man während der Woche eine sehr deutliche Verbesserung.

In der „Musekswoch“ geht es jedoch nicht ausschließlich um Musik. So stand mittwochs ein Tagesausflug in den „Parc merveilleux“ an. Nachdem alle ihre Brötchen für das Mittagspicknick eingepackt hatten, ging es auch schon mit dem Bus nach Bettembourg. Hier konnten die Teilnehmer sich, aufgeteilt in Kleingruppen und begleitet von den Betreuer, frei im Park bewegen und einen abwechslungsreichen Tag auf den Spielplätzen und mit den Tieren verbringen. Nach der Rückkehr in Hollenfels fand noch eine Orchesterprobe statt, bevor es zum Abendessen und anschließend zur allabendlichen Animation ging.

An den anderen Tagen, fand Unterricht in den Kleingruppen, Tanz, Gesang sowie Orchesterproben statt. Am Abend wurde im sogenannten „Staff“ der Ablauf des folgenden Tages diskutiert und auf einer Tafel aufgeschrieben. So konnten alle Teilnehmer die Aktivitäten und genauen Uhrzeiten während des gesamten Tages im Überblick behalten. Aufgrund des hervorragenden Wetters konnten alle geplanten Aktivitäten im Freien stattfinden.

Ein außermusikalisches Highlight war sicherlich der Freitagabend, an welchem ein Casino sowie eine Disko die Teilnehmer einlud, den letzten gemeinsamen Abend mit Tanz, Chips und Saft feierlich zu verbringen.

Aufgrund der Tatsache, dass im vergangen Jahr, wegen der Corona-Maßnahmen, kein Konzert stattfinden konnte, freuten sich die Teilnehmer umso mehr die gelernten Stücke, Tänze und Lieder ihren Familien in der wunderschönen Kulisse beim Schloss in Hollenfels während des Konzertes am Samstag Nachmittag vortragen zu können.

Die Eltern waren sichtlich stolz auf ihre Kinder und deren Leistung beim Abschlusskonzert. Die Kinder hatten viel zu erzählen und verabschiedeten sich etwas müde jedoch sehr zufrieden von den Betreuern und Lehrern.

An dieser Stelle möchte ich mich beim gesamten Team bestehend aus den Lehrern Darinka Theissen (Querflöte), Véronique Feilen (Klarinette), Anne-Marie Duhr (Trompete), Alexander Daum (tiefes Blech + Orchester), Pit Bourkel (Perkussion), Stéphanie Evrard (Tanz), Benoît Weis (Gesang) und den Betreuern Véronique Schroeder, Sara Fallah, Elli-Anna Fanis, Lorie Houel, Carla Pott und Jessie Schintgen für die tolle Zusammenarbeit bedanken.

Die „Musekswoch fir Ufänger“ war dieses Jahr besonders, da das Schloss in den kommenden Jahren renoviert wird, und der Lehrgang dann nicht in Hollenfels stattfinden kann.

STAGES ECHANGES FORMATIONS

STAGES NOVEMBRE 2022 - AVRIL 2023						
Stage	**Âge**	**Dates**	**Lieu**	**Nbre**	**Partenaires**	**Frais**
Zesummen sangen a musizéieren, sech bewegen an danzen	10 à 15 (16)	02.11. - 05.11.2022	Marienthal	60	SNJ	208 €
The Young Voices (École de musique du Canton de Clervaux)	8 à 12 13 à 20	02.11. - 05.11.2022	Burg-Reuland (B)	40	SNJ INECC	208 €
Les jeunes musiciens débutants	7 à 12	14.02. - 17.02.2023	Marienthal	60	SNJ	220 €
Let's sing and dance (Hip Hop) (École de musique du Canton de Clervaux)	8 à 12 13 à 18	15.02. - 18.02.2023	Hosingen (Centre écologique)	50	SNJ INECC	220 €
NOUVEAU: Stage Pop-Rock	à partir de 12 ans	3.04. - 6.04.2023	Larochette	45	SNJ	220 €
Musekswoch Ouschteren (École de musique du Canton de Clervaux)	8 à 14	12.04. - 15.04.2023	Hosingen (Centre écologique)	60	SNJ	220 €

FORMATIONS OCTOBRE 2022 - JANVIER 2023						
Formation	**Âge**	**Dates**	**Lieu**	**Nbre**	**Partenaires**	**Frais**
Semaine de formation aide-animateur	≥ 16	31.10. - 05.11.2022	Lultzhausen	20	SNJ	160 €
« Danz an Hip Hop op der Colonie »	≥ 16	19.11. - 20.11.2022	Lultzhausen	20	SNJ	56 €
« Bodypercussion a Stomp »	≥ 16	14.01. - 15.01.2023	Marienthal	20	SNJ	56 €

INSCRIPTIONS ET DÉTAILS

Union Grand-Duc Adolphe

Ecole de Musique
Concours Jeunes Solistes

38e Concours luxembourgeois pour Jeunes Solistes

Vents • Piano • Cordes
Musique de Chambre

European Competition

Low Brass Instruments • Singing

Dimanche, 13 novembre 2022
Conservatoire de la Ville de Luxembourg

Épreuves du concours (Entrée libre aux épreuves)
de **9h00 à 17h00**

Concert de clôture à 17h30 (entrée gratuite)

Proclamation des résultats : **vers 18h45**

Avec le soutien financier du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

CONSERVATOIRE DE LA VILLE DE LUXEMBOURG

VILLE DE LUXEMBOURG

SACEM Luxembourg

emcy

Merci Paul Scholer

No 30 Joer un der Spëtzt vun der UGDA-Musekssschoul geet de Paul Scholer ab dem 1. Oktober 2022 an seng wuelverdéngten Pensioun!

30 Joer dat sinn am ganzen 262.800 Stonnen! Elo kann een soen dat een jo awer net 24 Stonnen pro Dag schafft! Dann huet Dir den Paul Scholer net kannt! De Paul Scholer huet a brennt nach ëmmer vir "seng" UGDA-Musekssschoul.

De Paul Scholer huet an senger Karriär oft den Nywol op Tourneen duerch Europa an esouguer op aner Kontinenter begleed.

Hien huet grouss Projeten wéi "Klangenwellen" an der Philharmonie, de Musical "De Simmerfluch" am groussen Theater initiéiert.

Desweideren war hien den Intendant vum Concours Jeunes Solistes am Conservatoire.

An nieft all deene grousse Projeten huet hien iwwert d'Joeren d'Schoul organiséiert wou him och déi vill kleng Gemengen ëmmer um Häerz louchen.

De Paul wäert ons bestëmmt nach bei dem engem oder aneren gréisseren Projet iwwert de Wee lafen.

Aal genuch fir an d'Pensioun ze goën, jonk genuch fir se ze genéissen

Mir maache Musek



D'Ziler vu **Mir maache Musek :**

- Lidder no Gehéier léieren.
- Dës Melodie sinn den Ausgangspunkt, fir am Weideren den Takt, d'Rhythmen an
- d'solmiséiert Intervallen an Akkorde mat de Virzeechen intonéieren ze léieren.
- Mat dëse Fäegkeeten, d'Nouteschrëft liesen, solmiséieren an interpretéiere léieren.
- Sech d'Klangbild vun der Nouteschrëft ënnerlech virstellen ze kënnen.
- D'musikalescht Gehéier ze forméieren.
- D'musikalescht Gediechtnes z'entwéckelen.
- Mat wäertvolle Melodien, de Schüler op dat Schéint ze leeden a säi musikalesche Goût ze kultivéieren.

All weidert Unterrechtsmatérial baut op dësem Fundament op !

D'Solfègeübunge sinn an den éischte Bicher allgemeng zimlech kuerz. Dat huet munch Virdeeler :

- De Schüler verléiert sech nët esou séier am Noutebild, wéi dat bei iwwerlaangen
- Übungen de Fall ka sinn.
- De Schüler verléiert net esou séier de Mut beim Léieren a Widderhuelt éischter séng Aufgaben.
- Et huet een d'Méiglechkeet, sech méi intensiv mat der Analys vum Noutebild ze beschäftegen, wat d'Opmierksamkeet vum Schüler op d'Noutebild leed an hien esou d'Méiglechkeet kritt, d'Bild vun der Nouteschrëft ze mémoriséieren.
- Et bleift Zäit, sech mat der **solmiséierter Intonatioun** vun den Intervallen, den Akkorden asw. ze beschäftegen. **Dëst ass d'zentral Aarbecht am Solfègecours !**
- An de Solfègelektioune gëtt dës Aarbecht an der Praxis, dem musikaleschen Deel, ugewant. Den ëmgedréinte Wee, eng Solfègelektioun sangen an dann hoffen, de Schüler léiert domat d'Nouteschrëft verstoen, ass net dee richtege Wee.
- Den Eenzelunterrecht ka gefleegt ginn.
- De Museksunterrecht ka vill méi variabel gemaach ginn.

Léopold Winandy
Februar 2017

D'Philosophie vun der Konzeptioun "Mir maache Musek"

*Dës Bicher sollen d'Basis vum Solfègeunterrecht sinn. Si bidden d'Méiglechkeet, d'**Intonatioun** vun den Intervallen an den Akkorde mat de Virzeechen ze léieren. Dës Fäegkeet ass d'Viraussetzung, d'Nouteschrëft ze verstoen, se erëm kënnen ze ginn, eng Lecture à vue a mam néidege Schreiftraining en Diktat ze maachen, also gehéiert Musek ze verstoen.*

Wéi schreift de Robert Schumann : „***Du musst es so weit bringen, dass du eine Musik auf dem Papier verstehst***."

Sämtlech Bicher aus der Série incl. "Formation Musicale 1-6" si bei der UGDA op Virbestellung ze kréien.

Tel. : 46 25 36-21 • direction@ugda.lu



D'Kand an d'Noutebild

Léopold WINANDY

www.bepwinandy.lu

An der franséischer Revolutioun koum 1795 en Décret eraus, mat deem de Conservatoire vu Paräis an d'Liewe geruff gouf. An der Kommissioun, déi "la rédaction des principes élémentaires de musique", de Programm, opgestallt huet, wore nëmme Komponiste vertrueden, keng Pedagogen.

De Solfègeprogramm gouf vun engem gewësse **Jean-Joseph Rodolphe** beaflosst, dee scho 1786 e Buch publizéiert hat, iwwert dat de **François-Joseph Fétis** (1784-1871) esou geurteelt huet:

"Cependant, il serait difficile d'imaginer rien de plus médiocre, car on n'y trouve ni logique, ni méthode dans l'exposé des principes. Le style en est pitoyable et les leçons y sont aussi mal graduées que mal écrites pour la voix."

De **Claude-Henry Joubert** schreift a séngem Buch **Enseigner la musique, l'état, l'élan, l'écho, l'éternité:**

"Le Conservatoire devait fournir des voix pour la scène et des musiciens pour la fosse d'orchestre de l'Opéra, d'autre part, être pourvoyeur des musiques de l'armée. Ces musiciens n'avaient pas besoin d'une éducation musicale approfondie, il importait seulement qu'ils fussent bons instrumentistes et bons lecteurs!"

De Programm war fir erwuesse Leit virgesinn, **net fir kleng Kanner.** Am Laaf vun der Zäit goufe weider Conservatoiren a Musekschoule gegrënnt an iwwerall war, esou wéi dat an de Revolutiounen eben ass, dee selwechte Programm virgeschriwwen. Wéi an eisem Land de Museksunterrécht opgebaut gouf, koumen haaptsächlech belsch Professeren an Direkteren heihin. De Conservatoire vu Lëtzebuerg sollt eng Filial vun de belsche Conservatoire ginn. Esou gouf dann och hei de Programm vum Paräiser Conservatoire applizéiert.

Dëse Programm war an eise Conservatoiren an an eise Musekschoule gëlteg, obschon den Alter vun de Kanner dem deemolegen Alter bäi wäitem net méi entsprach huet. Tëschent engem Conservatoire an enger Musekschoul ass keen Ënnerscheed. Eis huet eng Primärstuf gefeelt fir Kanner vu 7 bis 10-12 Joer, déi nach net abstrakt denke kënnen.

Wéi sot de **Jean-Jacques Rousseau:**

"On ne peut forcer le développement. Le temps ne respecte pas ce qu'on fait sans lui!"

Iwwert eisen domolege **Solfège** sot de Prof. **Gábor Friss** (Frisch ausschwätzen) aus Budapest 1972:

"Was sind das für unmusikalische Singübungen, die die Kinder erlernen müssen. Aus der Musikliteratur sollen die Übungen kommen, von den großen Meistern und nicht von drittklassigen Komponisten!"

De *Zoltán Kodály* sot :

"Nur das Beste ist gut genug für die Kinder."

Ech war Solfège- a Flütteprofesser an hu ménge Schüler d'Nouteschrëft am Instrumentecours bäibruecht a net a méngem Solfègecours. D'Aarbécht am Instrumentecours huet dem Schüler am Solfègecours genotzt - dobäi hätt et awer missten ëmgedréint sinn.

Kuckt emol dëst Noutebild:



Aus deene markéierte Noute kann e Kand net erkennen, wou déi hallef an déi ganz Téin sinn!

Wa mer him erklären, datt d'hallef Téin tëschent mi-fa a si-do leien, da muss et dat esou unhuelen an et gläwen, vum Bild a vum Klank hier kann et dat net erkennen a net verstoen.

Beim Solmiséiere kënnt nach e Probleem derbäi. Mer sangen d'Virzeeche net mat. Déi folgend Noute ginn all mat "la" gesongen, obschonn dës Noute klanglech en Ennerscheed vun enger Terz ausmaachen!



Esou sangen d'Kanner all Solfègelektiounen, égal a wat fir enger Tounart se stinn, ëmmer mat de Solmisatiounssilbe vun der **Do-Majeurtounart**, wat onlogesch ass. D'Kanner léieren eng Melodie séier auswenneg a vermëttelen esou dem Professer, si kéinten hir Solfègelektioun an hätten d'Noutebild mat hire Virzeeche richteg entziffert, verstanen a kéinten d'Noute vum Blad sangen.

Dat stëmmt net !

E Schüler aus enger anerer Klass sot mer voller Stolz, hien hätt do eng Solfègelektioun, déi himm gutt géng gefalen, hien hätt se d'läscht Joer am Exame gesongen.

Fir him eng Freed ze maache sot ech, e soll mer se sangen. Ech gouf him den éischten Toun un an hunn ugezielt awer et koum keen Toun. Ech frot en nom Schlëssel. Hie kuckt voller Verwonnerung a säi Buch. Ech frot en, wéi déi éischt Nout géng häschen awer e gouf mer keng Äntwert. Nodeem ech him alles erklärt hat, konnt hie séng Lektioun nach ëmmer net ufänken a sot mer: "Elo wees ech net méi, wéi se geet". Schließlech sangen ech himm déi éischt Noute vir an ier ech fäerdeg war, séngt hie mat Begeeschterung séng Lektioun auswenneg ouni emol eng Kéier a säi Buch ze kucken.

Et huet sech dunn erausgestallt, dat hie vum Noutebild net di geringsten Anung hat. Hien hat säi Professer gläwe gedoen, hee wier e gudde Schüler. A Wierklechkeet wosst hie guer näischt.

Ass et net esou datt de Schüler am Instrumentecours, wann en eng nei Lektioun ze léiere kritt, d'Virzeeche gäere vergësst, hien huet se jo net am Solfège geléiert.

« Le devoir du Solfège/de la FM consiste à assembler le nom et la sonorité des notes et avec beaucoup d'entraînement de la solmisation, développer un automatisme chez l'élève, pour saisir instantanément la notation, la comprendre et la reproduire. » , schreift 1986 de **Michel Vergnault,** Musekinspekter am Frankräich.

De Rhythmus

Mer soen dem Kand: "Eng Véierelsnout huet een Taktschlag" oder "Op een Taktschlag kommen zwou Aachtel" oder "Eng Véierelspunktéiert huet anerhalwen Taktschlag".

Wat heescht dat?

Ënner 10 - 11 Jor ass e Kand nach net am Stand abstrakt ze denken an d'rhythmesch Andeelung a Form vu Brëch ze verstoen. Esou Erklärunge si nëmme verbal Matdeelungen a ginn de rhythmeschen Oflaaf vun der Musek net erëm. D'Rhythmusgefill kann een domat net schoulen.

Et gëtt eng **Rhythmussprooch**, mat deer een de Rhythmus liesen a kierperlech duerstelle kann. D'Rhythmussilben aus der ungarescher Kodály-Method sinn di einfachst.

De **Zoltán Kodály** sot: ***"Nur durch den Takschlag und dessen Unterteilung können wir das Rhythmusgefühl des Kindes erreichen und schulen."***

D'Kombinatioun vun den zwou Achtel an der Véierel, wéi se an de Kannerlidder virkënnt, ass e gudden Départ fir d'Rhythmusbildung.

Hei e puer Beispiller vu Rhythmussilben:



De **Michel Vergnault** schreift:

"On ne peut reproduire correctement un texte musical que si on a bien compris ce texte. Pour cela, un enfant doit avoir:

1. une bonne mémoire pour les rythmes, les sons et les signes de l'écriture musicale

2. un bon développement de l'ouïe extérieure et intérieure

3. une compréhension et une lecture rapide de l'image de la notation musicale et une bonne imagination acoustique extérieure et intérieure de la notation (la pensée doit précéder la réalisation)

4. un bon goût et une bonne culture musicale."

De **Robert Schumann** schreift a sénge **"Musikalischen Haus- und Lebensregeln":**

"Du musst es so weit bringen, dass du eine Musik auf dem Papier verstehst . . . ."

Dës Viaussetzungen, d'Nouteschrëft ze léieren, hunn ech a ménge Bicher « Mir maache Musek » réaliséiert, déi hei bei der UGDA am Verlag sinn.

D'Theorie

Zu dësem Punkt e puer Zitater vu Museker, Psychologen a Pedagogen:

A séngem Buch '**Enseigner la musique, l'état, l'élan, l'écho, l'éternité**' schreift de **Cl. H. Joubert**: "*Ne demandez pas à un enfant de discerner des éléments qu'il ne peut pas pratiquer. L'apprentissage de définitions théoriques doit à ce stade être collé à la pratique.*"

De **Jean Bourjade**, psychologue, schreift: "*Il est une faute pédagogique de vouloir faire naître intempestivement la raison abstraite chez un enfant de 10-11 ans, dont l'intelligence ne peut s'exercer avec rectitude que dans l'action et sur le plan de l'expérience concrète. C'est ainsi qu'on crée le verbalisme creux.*"

D'Professeren **Dr. E. Altenmüller a W. Gruhn**, Gehirfuerscher, schreiwen: *"Für die Praxis der Musikerziehung ist die Erkenntnis von höchster Relevanz, dass der Erwerb musikalischer Vorstellungen an körperlich durch Bewegen, Singen und Spielen erworbenen Mustern ansetzen muss, bevor begriffliche Benennung, symbolische Übertragung (Notation) und theoretische Erklärung sinnvoll hinzutreten können. Musik kann nur musikalisch und nicht über Begriffe und Regeln gelernt werden."*

Den **Albert Lavignac** schreift 1902 a séngem Buch '**L'éducation musicale' :**

"De toutes les langues, la musique est celle qui s'accommode le mieux au début, surtout quand on s'adresse à de très jeunes enfants, de cet enseignement par la seule pratique d'abord, en réservant les notions théoriques pour le moment où le sujet aura atteint l'âge de raison."

De **Paul Hindemith** schreift: "*Es ist unsinnig, Intervalle, Tonleiter und Akkorde nur theoretisch zu behandeln.*"

Ech résuméieren dat esou:

"Musek ass Klank a Museksstheorie kléngt net. Séch mat engem Theoriebegrëff beschäftegen huet nëmmen e Sënn, wann dee Begrëff a Verbindung mat sénger akustescher Virstellung steet."

Den **Diether de la Motte**, en däitschen Harmonie- a Kontrapunktprofesser schreift:

"Unsinnig ist die Aufteilung der Elementarlehre in drei Arten Moll, in drei Molltonleiter. Noch nie gab es z.B. eine Komposition in harmonisch Moll. Moll existiert nicht als Tonleiter, sondern als Vorrat von 9 Tönen (Dur : 7 Töne), der jeder Moll-Komposition zur Verfügung steht."

Chromatesch an diatonesch hallef Téin, Enharmonie sinn 3 grondverschidde Saachen.

1. Den diatoneschen halwen Toun gehéiert zou den **Intervallen**. Eng "kleng Sekund" kann och en "diatoneschen halwen Toun" genannt ginn.

2. De chromateschen halwen Toun gehéiert zuer **chromatescher Tounleder** a kann an deem Zesummenhang oder a Melodie geléiert ginn.

3. D'Enharmonie an de selwechte Kuerf geheien eméi d'hallef Téin passt net! 'T ass eng enharmonesch Ëmdeitung, huet also mat der **Modulatioun** ze dinn.

Iwwregens, diatonesch sinn all reng, grouss a kleng Intervallen, chromatesch sinn all iwwerméisseg a vermindert Intervallen. Dat sinn dann erëm wëssenschaftlech Bezeechnungen a Klassifizéierungen.

Léopold Winandy
leopold.winandy@online.lu
www.bepwinandy.lu

Bibliographie :

Jean-Joseph Rodolphe, Corniste, violoniste, compositeur alsacien
François Joseph Fétis, compositeur, critique et musicographe belge
Claude-Henry Joubert « Enseigner la musique, l'état, l'élan, l'écho, l'éternité » [Fondettes, França] : Van de Velde (Collection Musique et société).
Jean-Jacques Rousseau, Philosophe, écrivain, musicien, célèbre pour ses travaux sur l'homme, la société ainsi que sur l'éducation.
Zoltán Kodály, Compositeur hongrois, pédagogue, initiateur et créateur d'une méthode d'enseignement du solfège (FM) qui porte son nom.
Robert Schumann, Compositeur allemand. Créateur du romantisme.
Robert Schumann, (2002) : Musikalische Haus- und Lebensregeln. Faks. mit Übertr. u. Textabdr. / eingel. u. hrsg. von Gerd Nauhaus. Hg. v. Gerd Nauhaus. Sinzig : Studio (Schumann-Studien : Sonderband, 2).
Michel Vergnault, Inspecteur départemental des Conservatoires Municipaux de Musique.
Secrétaire Général de l'Union des Conservatoires du Val de Marne. Vice-Président de la FNUCMU.
Jean Bourjade, psychologue. Il est un des grands spécialistes de la psychologie de l'enfant.
Prof. Dr. med. Eckart Altenmüller, Professeur à l'Université et directeur de l'Institut pour la
Physiologie et la Médecine pour Musiciens à Hannover.
Dr. Wilfried Gruhn, Dr. phil. en musicologie. Professor de pédagogie à la « Hochschule für Musik » de la « Folkwang Hochschule » à Essen et à la « Staatlichen Hochschule für Musik » à Freiburg.
Albert Lavignac, Alexandre Jean Albert Lavignac était un musicologue et compositeur français, il était nommé professeur de solfège et d'harmonie au Conservatoire de Paris.
Paul Hindemith, Il est considéré comme un des plus importants musiciens modernes d'Europe. Il fût nommé professeur de composition à la « Berliner Musikhochschule ».
Diether de la Motte, Compositeur, théoréticien, professeur à Hannover et Wien.

150 Joer

Piano Kléber

Text & Foto : **Christophe FEILEN** **www.pianoskleber.lu**

De Piano gouf virun iwwer 300 Joer erfonnt an ass en Instrument wat eng laang Geschicht huet. Ëmmerhin scho bal hallef esou laang gëtt et Piano Kléber an der Stad Lëtzebuerg. 1872 gouf Piano Kléber vum Jean-Baptiste Kléber (1844-1918), deen als éischt eng Pianosfabrik zu Paräis an der rue du Faubourg-Saint-Antoine hat, gegrënnt. De Jean-Baptiste Kléber huet sech mat enger Lëtzebuergerin bestuet an huet sech als éischt zu Bëschrued, dunn zu Suessem a schlussendlech an der Stad Lëtzebuerg niddergelooss. Hien huet säin éischte Buttek an der rue des Capucins an der Stad opgemaach. Duerno ass hien op den haitege Boulevard Roosevelt geplënnert, wou d'Geschäft grousse Succès hat an d'Clientèle vill verschidden Instrumenter a Partiture kafe konnt. Anschliessend huet de Jean Kléber, de Fils vum Jean-Baptiste Kléber, d'Aktivitéite vu sengem Papp iwwerholl an d'Geschäft ass op de Boulevard de la Pétrusse geplënnert. 1920 ass en neit Gebai op 20, rue Goethe gebaut ginn. Dat ass d'Adress op där Piano Kléber och nach haut ass. Den Émile Kléber (1911-1986), dem Jean Kléber säi Jong, huet 1937 d'Direktioun vum Haus vu sengem Papp iwwerholl. Hien hat de Beruff beim bekannte Pianosfabrikant Pleyel zu Paräis geléiert.

Jean-Baptiste Kléber, lénks; Jean Kléber, riets ënnen; Émile Kléber, uewen

Wärend dem Zweete Weltkrich hat Piano Kléber opgehale selwer Pianoen ze bauen an an de 60er Joren huet Piano Kléber de Museksbuttek Hülsemann iwwerholl. 1978 krut Piano Kléber den Titel "Fournisseur de la Cour" vum Grand-Duc Jean. 1979 ass de Betrib du vun der véierter a leschter Generatioun iwwerholl ginn. Den Émile Kléber huet d'Aktivitéiten un de Raymond Kléber (1939-2013) weiderginn. De Raymond Kléber hat eng grëndlech Formatioun beim eelsten däitsche Pianosproduzent Ibach gemaach, souwéi bei Grotrian Steinweg. Mat senger Fra zesummen huet de Raymond Kléber sech spezialiséiert op Pianoen, Fligel, elektresch Pianoen, souwéi Kierchenuergelen. Säit 2007 ass de Franck-Alexandre Hanlet de neie Patron vun der Firma. De Franck-Alexandre Hanlet ass Generaldirekter vu Pianos Hanlet S.A.S. (www.pianoshanlet.fr), bekannt am Pianossecteur am Frankräich an an der Belsch. Den éischten Atelier vun Hanlet ass 1866 zu Verviers an der Belsch gegrënnt ginn.

Haut ass Piano Kléber souwuel am Verkaf wéi och an der Locatioun vu Pianoen täteg, souwuel Locatioun op laang Zäit fir Clienten déi e Piano doheem am Haus wëlle fir ze prouwen, wéi awer och Locatioun op kuerz Zäit fir Concerten.

Pianos KLEBER

depuis 1872

ESPACE PIANOS & ACCORDÉONS

ACHAT - VENTE - LOCATION

Partenaire de la PHILHARMONIE

Nous parlons

20, rue Goethe L-1637 LUXEMBOURG

T. (+352) 22 30 36 | bienvenue@pianoskleber.lu

www.pianoskleber.lu

Et kritt een souwuel Fligel, wéi och klassesch Pianoen oder elektresch Pianoen ze lounen. Ausserdeem mécht Piano Kléber den Entretien vu Pianoen a verschiddenen aneren Tasteninstrumenter, Reparatiounen, Transporter, souwéi Plënneraktioune vu Pianoen. Op 20, rue Goethe sinn och 4 Studioen wou ee loune kann fir ze prouwen fir 4€ pro hallef Stonn, wann een zu Beispill doheem d'Méiglechkeet net huet fir e Piano ze hunn. Säit e puer Méint huet Piano Kléber och en zweet Lokal an der rue des États-Unis wou all d'Fligel stinn. Dëse Buttek ass nëmmen op Rendez-vous op. D'Pianoen an d'Akkordeone bleiwe weiderhin an der rue Goethe.

Wat d'Entwécklung vum Marché ugeet, hunn d'Marken mat der Zäit evoluéiert. Mat der Pandemie huet dat sech och verännert. 2020 goufe manner Pianoe verkaaft wéinst deenen 2 Méint Confinement. Well 2021 vill Leit doheem oder am Télétravail waren, war 2021 e ganzt gutt Joer fir de Marché. D'Vente vun de Pianoe war explodéiert, souwuel zu Lëtzebuerg wéi och an der Géigend vu Paräis war d'Demande enorm. Mee et goufen och Liwwerprobleemer wéi a bal all de Beräicher. Semi-conducteuren, wéi beispillsweis an den Autoen, sinn och an den elektresche Pianoe verbaut. Wann een haut en neie Piano bestellt da kritt een en normalerweis net virun engem Joer. Hautdesdaags komme vill Pianoen aus Asien. Ausserdeem ginn et Probleemer mat de Containeren, mat den Departen an de Produktiounslänner, Blockage vu Schëffer, a virun allem d'Präisser vun den Transporter, Schëffer a Containere sinn explodéiert. Wärend 2021 e ganzt gutt Joer war huet et 2022 erëm méi lues ugefaangen. Säit dem Krich an der Ukrain an der Erhéijung vun den Energiepräisser hu vill Leit aner Prioritéite well de Piano ass e Luxusmarché.

Am Atelier vu Piano Kléber

Chorale Royale Grand-Ducale "Sang & Klang" Pfaffenthal

Centenaire vum Gebai Sang a Klang

Text : **Petz SCHAACK & Nico BLEY** | Foto : **Chorale "Sang & Klang"** **www.sangaklang.lu**

Den 100. Gebuertsdag ass Stil-gerecht gefeiert ginn, mat allem wat dozou gehéiert. Et ass lass gaangen mat Usproochen vum Präsident, dem Här Carlo Steimes an vun der Madamm Buergermeeschter Lydie Polfer.

De Präsident ass op d'Geschicht vun der Chorale Sang a Klang agaangen, an huet och un onsen „Meeschter", Grënnungsmember an Nationalkomponist de „Laurent Menager" erënnert, deen zesummen mam „Jean-Adam Ecker", deen eelsten weltlechen Chouer vun der Haaptstad am Joer 1857 gegrënnt huet.

D'Madamm Buergermeeschter ass op déi aktuell Situatioun vum Chouer agaangen, an huet sech héich erfreet gewisen, iwwert d'Klasséierung vum Gebai als „Monument National Historique", an huet betount dass d'Stater Gemeng och säin Deel dozou bäidroen wäert, fir d'Gebai ze restauréieren. Ausserdeem huet Sie och op d'Gebai als Zentre kulturell vum Pafendall higewisen.

Nodeems d'Madamm Buergermeeschter och nach den Gebuertsdagskuch vun der Bäckerei Jos & Jean-Marie, an der Form vum Gebai opgeschnidden a verdeelt huet, ass et lass gaangen mam Programm vun de Feierlechkeeten.

Um Jéinesche Staminee gouf op Lakerschmus gedibbert, a gutt gelaacht. Duerno ass e weider mat Lëtzebuerger Musek vum „Chouer Sang a Klang", déi sech eng Freed draus gemaach hunn fir hirem Gebai e Stënnchen ze halen. Weider ass et gaangen mat de „Lompekréimer", déi quasi als Lokalmatadoren, de Sall un d'Sangen bruecht hunn. Aus dem déifsten Süden koumen dunn "Gaassebouwen" Sie hunn vun der Long op d'Zong aus dem Liewen vun de Minettsdäpp gesongen. Als Ofschloss vum éischten Dag, Samschdes, huet „GoByBrooks" hier nei CD „This is Her War" virgestallt, an Sie hunn de Publikum begeeschtert, mat engem flotten Akustik-Set.

Den Dag duerno, um Sonnden, gouf de Film iwwert de Sang a Klang gewisen bei enger gudder Taass Kaffi a Kuch, wou och eng flott Tombola mat villen flotten Präisser gezunn ginn ass. Dunn ass de „Jéinesche Staminee" erëm ugaangen, wou erëm gedibbert a gelaacht gouf. „Les Gavroches" hunn de Publikum 2 Stonne laang un d'Danzen a Sangen bruecht, mat engem flotten Mix aus Lidder vum Putty Stein, Laurent Menager asw., awer och Chansons Françaises haten Sie am Programm. „Moof" huet duerno de Sang a Klang gerockt, am Kader vun hirer „30Joer Moof" Tournée, hunn Sie et sech net huelen gelooss fir zesummen mam Sang a Klang ze feieren, an een oder deen aneren Plëmpert an eng Nisch, ze schwächen.

Als Kiischt um Kuch huet „Der Däiwel" dunn d'Loft am Sall un d'brennen bruecht, mat hirem Crossover gepaakt mat diaboleschen Texter op Lëtzebuergesch hu si de Nerv vun der Zäit voll getraff.

Festfoto vum Joer 1922.



Chorale Royale Grand-Ducale "Sang & Klang" Pfaffenthal

Jubiläumsjahr 2022 im "Sang a Klang" Pfaffenthal

Drei Events stehen dieses Jahr auf der Agenda des Pfaffenthaler Chores. So wurden die Festlichkeiten eingeläutet mit einer Erinnerungszeremonie zum 120. Todestag seines Mitgründers und Dirigenten Laurent Menager.

Präsident Carlo Steimes konnte Ehrengäste, Vertreter der lokalen Vereine und des Jubiläumschores herzlich begrüßen am Ehrenmal des « Meisters » auf dem Siechenhofer Friedhof, wo eine Gerbe niedergelegt wurde.

Der langjährige Vorsitzende und aktueller Vizepräsident Nico Bley ging kurz auf die Lebensgeschichte des Nationalkomponisten und herausragenden Pfaffenthaler Bürgers ein anhand von Rückblenden aus zeitgenössischen Texten sowie Auszügen aus bekannten Musik- und Gesangskompositionen.

Ein nächster Höhepunkt zum 165. Geburtsjahr des Sang a Klang wird am 2. April die Vorstellung des 4. Bandes der Edition des Gesamtwerkes von Laurent Menager sein durch die Verantwortlichen der Uni Luxemburg, sowie der Vorstellung der neuen Menager CD des Quatuor « Durakkord » mit ausgewählten Gesangseinlagen.

Die Hundertjahrfeier des vereinseigenen Gebäudes, das 1922 errichtet und rezent unter Denkmalschutz gestellt wurde, steht des Weiteren an und wird das verjüngte Leitungsteam des Jubilarchores vor neue Herausforderungen stellen.

120. Todestag von Laurent Menager

Fanfare Ste Cécile Huncherange Noertzange Fennange

D'Huncherenger Fanfare feiert !

Text : **Carine UHRES** | Fotoen : **Huncherenger Musek** **www.fanfare.lu**

D'Huncherenger Fanfare feiert; 10 Joer „The Musicians'choice" an 60+1 Gebuertsdag

De 7. Mee 2022 huet d'Fanfare Ste Cécile Huncherange, Noertzange, Fennange op hire Concert „The Musicians'choice, d'Musikanten hu gewielt – the best of 10 years", invitéiert.

Grënn fir ze feiere gouf et der awer gläich e puer! Et war den éischte Concert fir d'Huncherenger Musek am neie KulTourhaus zu Hunchereng, et war déi 10ten Editioun vum „Musicians'choice" an den Optakt vum 60+1 Anniversaire.

Wéi de Numm et scho seet, wielen d'Musikanten fir de Concert „The Musicians' choice » de Programm aus. Fir déi 10ten Editioun vun dësem Concert hunn d'Musikanten dunn aus de Stécker vun deene läschten 10 Joer déi erausgesicht déi hinnen am Beschte gefall hunn an esou ass e flotten an ofwiesslungsräiche Programm entstanen. Den Optakt vum Concert huet d'Stéck „Pomp and Circumstance Nr.1" vum Edward Elgar gemaach. Weider am Programm goung et mat der „Huckleberry Finn Suite", „A Highland Rapsody" an „Highlights from Evita". Mat „James Bond 007 Selection" goung d'Huncherenger Musek ënnert der Leedung vum Laurent Gindt dunn an d'Paus.

Weider um Programm stounge no der Paus „Valerie" vum Amy Winehouse, „Englishman in New York" vum Sting mat Soloeinlage fir Sopransaxophon, gespillt vum Carine Uhres. Den Olivier Kayl huet d'Publikum mam Stéck „Latino Mallets" vum Stefan Schwaling begeeschtert, wat ee Solostéck fir

Marimbaphon ass. Mat „Toto's Greatest Hits", „Bohemian Rhapsody" a „Roger Cicero on Stage", sinn d'Fans vu Rock a Pop verwinnt ginn.

An senger Usprooch huet de President Luc Gindt der Beetebuerger Gemeng ee grousse Merci ausgesprach fir dat neit KulTourhaus an dee neie Musekssall. E grousse Merci goung awer och un d'Musikanten fir déi gutt Zesummenaarbecht a Prouwebesuch. D'Mme Danielle Thill, Vertriederin vun der UGDA, konnt dem Éieremember Ferd Schneider d'"Medaille en vermeil Grand-Duc Adolphe avec palmette" iwwerreechen.

Engem weideren Éieremember a Grënnungsmember, dem Albert Pütz, deen am läschten Dezember gestuerwen ass, gouf posthum d'"Plaquette d'honneur de l'UGDA" iwwerreecht. Zum Schluss gouf dunn nach dem Dirigent Laurent Gindt mat enger Laudatio Merci gesot fir seng 20 Joer um Dirigentepult vun der Fanfare HNF. Mat dem „Einzugsmarsch aus dem Zigeunerbaron" goung de Galaconcert 2022 vun der Fanfare Ste Cécile Huncherange Noertzange Fennange op en Enn.

Der Huncherenger Musek hire 60ten Gebuertsdag konnt 2021 leider net gefeiert ginn. Dofir invitéiert d'Fanfare HNF elo den 19. November 2022 um 20h00 op e Concert d'anniversaire 60+1, gespillt vun der Harmonie Municipale Dudelange an hierem Jugendorchester Young Harmonists ënnert der Leedung vum Sacha Leufgen, an d'KulTourhaus op Hunchereng.

Pompjees-Musik Bettenduerf

100 Joer Pompjees-Musik Bettenduerf

Text : **Tom POECKER** | Foto : **Dan CASTIGLIA** **www.pmb.lu**

D'Joer 2022 steet ganz am Zeechen vum Centenaire vun eiser Musik. Mee mir feieren net nëmmen ee Gebuertsdag mee zwee. Mir feieren 100 Joer Musik an 140 Joer Pompjeeën.

D'Pompjees-Musik Bettenduerf (PMB) ass nämlech eng vun de leschten Pompjees-Musiken zu Lëtzebuerg déi nach aus de Sektiounen vun de Pompjeeën an der Musik besteet.

Ugefaangen huet alles am Joer 1880 wou eise Veräin als Pompjeescorps gegrënnt gouf. Ëm d'Jorhonnertwenn huet dunn fir d'éischt een Turnveräin an spéider ee Gesanksveräin zu de Pompjeeën gehéiert. Duerno war d'Iddi do fir eng Musik ze grënnen. 1920 krut d'freiwillige Verbands-Feuerwehr Bettendorf dunn eng Musik mat 18 Mann.

2009 war d'Musik mat hirem Dirigent Pavel Nakhimovitch (2000-2019) op engem Héichpunkt ukomm. De Galaconcert Bettendorf Greets America hat esou ee grousse Succès, dat d'Musik vun der us-amerikanescher Ambassade zu Lëtzebuerg invitéiert gouf fir de Galaconcert nach eng Kéier ze spillen. Am September 2009 huet d'PMB de Galaconcert

Luxembourg Greets America an der Victor Hugo Hal um Lampertsbierg virun méi wéi Dausend Leit gespillt.

Iwwert déi, mëttlerweil 102 Joer, gouf ëmmer un der Form vun der Pompjees-Musik festgehalen. Wou et fréier nach vill Pompjees-Musik gouf, hunn sech déi meescht Musiken vun de Pompjeeën getrennt. Haut zielt d'PMB 40 aktiv Musikanten an 15 aktiv Pompjeeën; dovun sinn 5 Memberen Pompjee an Musikant. D'Musik kann op ee Repertoire vun iwwert 1150 Stéck zréckgräifen.

Eigentlech sollte mir eisen duebelen Anniversaire schon 2020 feieren, wat awer duerch den Covid-19 leider net méiglech war, souwéi och 2021. Am Juli 2022 konnte mir dunn endlech feieren. Eis Festivitéiten stoungen ënnert dem héijen Patronage vum Grand-Duc Henri an dem Patronage vun der UGDA. Den Optakt war eng Séance Académique den 22. Juli. No de Rieden an dem Historique war d'Ouverture vun eiser Ausstellung duerch de Chamberspresident, d'Buergermeeschtesch vun Bettenduerf, de President vun der UGDA an de President vun der PMB. Samsdes den 23. Juli hate mir ee Concert vun der tschechescher Grupp Vlado Kumpan und seine Musikanten organiséiert. Den 24. Juli war eist Musiksfest mat de Musiken vun Gilsdref, Eschduerf an Colmar-Bierg. Ofgeschloss goufen d'Musiksfest an eis Festivitéiten mat engem Concert vum groussen Orchester vun der Militärmusik.

Mir sinn och ëmmer op der Sich no neie Musikanten. Du spills een Instrument an géifs dengem Hobby gären an enger villsäiteger Musik nogoen?

Dann komm du bei eis an d'Musik! Eis Prouwen sinn freides vun 20 bis 22 Auer an eisem Musikssall zu Bettenduerf bei der Schoul. Kontaktéier eis oder komm einfach eng Kéier an eng Prouf kucken. Mir freeën eis op dech!

Harmonie Municipale de Dudelange

125 Joer Harmonie Municipale de Dudelange

Text & Fotoen : **Harmonie Municipale Dudelange** **www.hmd.lu**

125 Joer „Harmonie Municipale de Dudelange“ mat Haaptconcert an der Philharmonie an dofir komponéierter Symphonie.

D‘„Harmonie Municipale de Dudelange“ (HMD) sollt zejoert u sech hir 125 Joer Bestoe feieren. Aus de bekannte Grënn ass déi ganz grouss Majoritéit vum Programm, deen doweinst op d’Bee gestallt gi war, awer leider an d’Waasser gefall; well sech d’Situatioun am Januar nach emol verschlechtert hat, gouf den Héichpunkt vum Haaptconcert an der Philharmonie dee Moment och op de 16. Oktober (um 17 Auer am groussen Auditoire) verréckelt.

Bei där Geleeënheet wäert, nieft ë.a. „The Planets: Mars&Jupiter“ vum Gustav Holst, och dat speziell fir dee Concert geschafent Wierk „Le Sud en symphonie“ vum däitsche Komponist Guido Rennert uropgefouert ginn. Dës Erënnerung un d’Vergaangenheet vum Süde vum Land als Stolsite besteet aus 3 Sätz vun am Ganze ronn 25 Minutten; d’Diddelénger Stadmusik gëtt dobäi, am Prinzip, vu Chéier aus der lokaler Musiksschoul a vu Foulscht begleet, an donieft gëtt e Film iwwert d’Stolierwe vun der Regioun gewisen. Am Kader vun Esch2022 gouf den zweete Saz vu „Le Sud en symphonie“ iwwregens scho Mëtt Mee emol am Auditoire vun der Uni op Esch-Belval gespillt.

Den Amateurorchester, deen 1896 als „Musikgesellschaft Düdelingen" an d’Liewe geruff gi war an 1907 an „Harmonie Municipale de Dudelange“ ëmbenannt gouf, setzt sech de Moment aus enge 70 Musiker zesummen. D‘HMD gëtt zanter 2008 vum däitschen Dirigent a Soloklarinettist vum Musikkorps der Bundeswehr vu Siegburg, Sascha Leufgen, geleet. Zum Repertoire vun der HMD gehéieren, nieft klasseschen, och Jazz- oder Big band-Wierker, respektiv Wierker fir Solisten.

Blosorchester trëtt an der Haaptsaach zu Lëtzebuerg oder an der Groussregion op, fäert awer net Erausfuerderunge wéi eng Concertstournée an der Géigend vun Chicago/USA (2015), d’Participatioun um europäesche Concours fir Blosorchester an der Philharmonie (2017) oder um „Jeju International Wind Ensemble Festival“ a Südkorea (2018).

Fir d’125 Joer vun der “Harmonie municipale” gouf iwwregens och an der Allerhellegevakanz zejoert eng CD opgeholl, mam Wierk „Le Sud en symphonie“ drop. E ganz aarbechtsintensiven a léierräiche Weekend iwwer gouf am Festsall vum Lycée Nic Biever zu Diddeléng zesumme mat den däitschen Tountechniker Stefan Reich a Roland Stuppin doru gefeilt, fir dat beschtméiglecht Resultat op CD ze kréien. Am Kader vum Concert an der Philharmonie wäert déi CD dann och fir de Verkaf ugebuede ginn, soudass Dir Iech e Bild dovu maache kënnt, ob dat beschtméiglecht Resultat dem Dirigent, de Musiker an den Tountechniker dann och gelongen ass. Avis aux amateurs, net nëmmen dofir, mä och fir de Concert selwer: Bis Mëtt Oktober deemno!

Nos sociétés en action...

Fête de la musique zu Sandweiler : Schüler vun der UGDA-Museksschoul ënnert der Leedung vum William Upton.

Jugendmusek vun der Fanfare Sandweiler ënnert der Leedung vum Mil Muller.

d'Käler Musek op der Braderie zu Käl an um Hämmelsmarsch zu Käl.

Den Weekend vum 09 & 10. Juli wor nees Kiermes zu Habscht an eis Musikantinnen a Musikanten hunn d'Fest beim Hämmelsmarsch a beim traditionnellen Concert mat flotten Kläng begleet.

Duerch di sanitär Mesurë wéinst der Pandemie, hu mir als Theater-Equipe Habscht eis 2021 fir eng Alternativ entscheet déi mer dëst Joer ,wéinst groussem Erfolleg vum leschte Joer, weidergefouert hunn.

Gespillt gouf, de 16. a 17. Juli, d'Geschicht vum Asterix an Obelix op verschiddene Statiounen zu Habscht. D'Spectateure goufe vun engem Guide vu Statioun op Statioun begleet. Eng flott Aventure fir Grouss a Kleng!

Chorale Municipale Sängerbond Dikrech

2022 rëm richteg duerchgestart

Text & Foto : **Chorale Municipale Sängerbond asbl** **www.saengerbond.org.lu**

D'Chorale Municipale Sängerbond Dikrech asbl huet 2022 rëm richteg duerchgestart a mir konnte bis zur Summerpaus 3 grouss Concerte sangen.

Et war scho laang eise Wonsch, dat ausdrocksstaarkt Wierk vum Karl Jenkins «A Mass for peace - The Armed Man» a grousser Besetzung mat Orchester kënnen opzeféieren. Et ass all Kéier u verschiddene Problemer gescheitert, nët zu Lescht un der grousser Covid-Pandemie. 2022 sollt et dann definitiv souwäit sinn. Mir hunn alleguer deem grousse Moment entgéint geféiwert, ëmmer nach mam Damoklesschwert vum Covid iwwert eis.

Den 22 Januar 2022 awer stounge mer voller Virfreed ënnert der Leedung vum Rainer Serwe, mam Orchester Musiker ohne Grenzen an Ënnerstëtzung vu der Chorale Eurocantica, dem Unichouer a Sängerfrënn vum Dikricher Sängerbond, am bal ausverkaaftem Sall an der Philharmonie fir de Concert «Music for Peace». De Krich an der Ukrain huet gewisen, wéi allgéigewäerteg dat Thema vum Wierk nach ëmmer ass, a mir hunn eise Public mat eiser Leeschtung iwwerzeegt.

Beim «Concert En Mémoire de SAR Grand-Duc Jean» an der Philharmonie, den 23. Abrëll, huet den Dikricher Sängerbond en Deel vum grousse Chouer gestallt. Et war eis eng Éier, un deem aussergewéinlechen Evenement, dat d'UGDA organiséiert hat, virun engem grousse Public dierfen deelzehuelen.

Zu gudder Lescht stoung, op Initiativ vum Roby Schiltz an Ambitus an zesummen matt aanere Chéier, de «Geiger von Echternach» op eisem Programm. Ënnert der Leedung vum Pierre Cao huet dëse Concert de 9. Juli am ausverkaaftenen Trifolion stattfonnt, a gouf vum Public matt Standing Ovations belount. Wat en Erliefnis!

Matten an der Summerpaus ass zu Dikrich d'Laurentiuskiirmes an dozou gehéiert natirlech och den Hämmelsmarsch. Zesumme mat den Häre vum Caeciliechouer si mir den 12. a 13. August duerch d'Stroosse gezunn. Bei guddem Wieder an nach besserer Laun, hu mir den Dikricher Leit e flotte Ständche gesongen a bei där Geleeënheet vum Hämmelsmarsch konnte mir eis Keesen opfëllen. Allen Dikricher e grousse Merci fir hier Generositéit.

Vum 19. bis den 21. August ware mir fir eise wuelverdéngten Ausfluch ënnerwee. An der Bourgogne zu Dijon an zu Beaune hu mir eis et gutt goe gelooss, a mir hunn eis et och selbstverständlech net huele gelooss, fir op verschiddene Plazen dat eent oder anert Stéck zum Beschten ze ginn. No e puer lëschteger Deeg si mer rëm all gesond a monter an zefridden a frou heiheem ukomm.

Vollmotivéiert starte mir elo an di nei Saison a mir freeën eis, de nächste Concert ze preparéieren. Mir presentéieren eisen Nolauschterer Samsdes, den 3.12 zu Dikrich an der grousser Kierch ënnert anerem Extraitën aus dem «Stern von Bethlehem» vum Joseph Rheinberger, zesumme mat de Sänger vun Eurocantica an dem Orchester Estro Armonico. Samsdes den 10.12 gëtt dëse Concert an der Kierch um Lampertsbierg widderholl.

Léif Sängerinnen a Sänger, léif Leit alleguer, dir gesitt datt zu Dikrich beim Sängerbond ëmmer eng lass ass an datt d'Gesellegkeet an de Gesank am Mëttelpunkt stinn. Wann Dir Loscht hutt, kommt bei eis a sangt a feiert mat eis. Mir prouwen all Dënschdeg Owend um 19.30 am Musekssall vun der Grondschoul direkt hannert der grousser Kierch. Zéckt net, dir sidd all häerzlech wëllkomm!! sbd@saengerbond.org.lu

Harmonie Municipale Esch-sur-Alzette

Endlich wieder: Jugendlehrgang in Prüm

Text : **Véronique BERNAR** | Foto : **HMEsch** **www.hmesch.lu**

Vom 19. bis 24. Juli veranstaltete das Jugendorchester der Harmonie Municipale Esch/Alzette einen Lehrgang in der Jugendherberge Prüm in Deutschland. Es war nicht der erste Aufenthalt, aber der erste nach dreijähriger Abwesenheit aufgrund der COVID-19-Pandemie.

35 Musikerinnen und Musiker im Alter zwischen 9 und 25 Jahren haben ein sehr abwechslungsreiches Programm zusammengestellt: Werke des englischen Komponisten Philip Sparke, Medleys aus Filmmusik, Gospelsongs und klassischen Werken. Das Orchester stand unter der Leitung von Véronique Bernar.

Täglich probten die jungen Musiker 4 Stunden im Tutti, nahmen an Registerproben teil (Flöte und Klarinetten; Saxophone; Trompeten, Hörner, Posaune und Euphonium und Schlagzeug) und sangen in einem Chor, der unter der Leitung von Philippe Neumann stand.

Für Unterhaltung war natürlich auch gesorgt: eine Fotorallye in der Stadt Prüm, eine Olympiade, ein Karaoke-Abend und ein Lagerfeuer. Die Animation übernahmen zwei Musiker des Orchesters, Kiara Flammang und Vincent Hick, die auch für die Organisation des Lehrganges verantwortlich waren.

Das Abschlusskonzert fand am Sonntag, den 24. Juli im Lycée Guillaume Kroll in Esch/Alzette statt. Es war auch der beste Moment, der Öffentlichkeit sechs junge Musiker vorzustellen, die zum ersten Mal an diesem Lehrgang (gesponsert von ArcelorMittal) teilgenommen haben.

Harmonie Municipale Esch-sur-Alzette

Die Jugend übernimmt

Text : **Paul HUYBRECHTS** | Foto : **Fernand KONNEN** **www.hmesch.lu**

Galakonzert der Harmonie Municipale Esch

Anfang Juli stand wieder an zwei Abenden das traditionelle Galakonzert der Escher Harmonie Municipale auf dem Programm des Escher Theaters. Dabei wurde gleich mit mehreren Traditionen gebrochen.

Das Konzert, welches üblicherweise im März/April stattfindet, fand später als gewohnt statt. Des Weiteren stand diesmal die Jugend des Orchesters im Mittelpunkt. Die Leitung der Harmonie übernahm am Freitagabend Véronique Bernar; eigentlich hätte sie lediglich die Jugendmusik dirigieren sollen, da der HMEsch-Dirigent und Militärmusiker Jean Thill jedoch an diesem Abend beruflichen Verpflichtungen nachkommen musste, stand das ganze Programm des Abends unter ihrer Leitung. Am Samstag übernahm dann wieder Jean Thill die Leitung des großen Orchesters. Auch Maryse Lallemand, die normalerweise die Konzerte moderiert, war verhindert; ihren Part übernahmen Mitglieder des Jugendorchesters.

Jugendensembel der HMEsch

Der erste Teil des Programms wurde mit dem Triumphmarsch aus Giuseppe Verdis Oper „Aida“, eine der erfolgreichsten Opern des 19. Jahrhunderts, eingeleitet. Eigens für diese Oper wurden damals spezielle Fanfaren-Trompeten entworfen, die heute noch unter dem Begriff Aida-Trompeten bekannt sind. Mit „An der schönen blauen Donau“ von Johann Strauss (Sohn) stand ein weiterer Klassiker auf dem Programm, während „New Dicks“, wie der Titel es vermuten lässt, als eine modernere Version der bekannten Dicks-Melodien dargeboten wurde. „Et maintenant“ von Gilbert Bécaud, arrangiert von André Reichling, interpretierte der Solist Patrick Wilmes (Gesang). Den Abschluss des ersten Teils bildete „Moment for Morricone“, ein Klassiker für Harmonieorchester, arrangiert von Johan de Meij.

Harmonie Municipale Esch-sur-Alzette

Erfrischend anders gestaltete sich der zweite Teil des Abends, wo das Kinder- und Jugendorchester unter der Leitung von Véronique Bernar auf der Bühne stand; lediglich einige größere Instrumente wurden von den Routiniers des großen Orchesters gespielt. Das erste Stück, „An Everlasting Spirit“, war den Menschen gewidmet, ob Eltern, Familie oder Freunde, die immer für einen da sind. Mit „The Greatest Showman“, der prämierten Musik über den Zirkuspionier P.T. Barnum aus dem Musicalfilm von 2017, folgte ein nächstes Highlight, worauf „Erinnerungen an Zirkus Renz“ folgte und uns ein weiteres Mal in die Welt des Zirkus entführte; Luka Antar spielte hier den Solo-Part auf dem Xylophon. Mit „Bands around the World“ nahmen uns die jungen Musikantinnen und Musikanten mit auf eine Reise durch die Länder der Welt. Ganz zur Zufriedenheit des Publikums standen für die beiden Zugaben an den aufeinanderfolgenden Abenden das Kinder- und Jugendorchester und das große Orchester gemeinsam auf der Bühne.

Luka Antar, Patrick Wilmes & Véronique Bernar

Harmonie Kleinbettingen

Rees an de Schwarzwald

Text & Foto : **Christophe FEILEN** **www.hklb.lu**

D'Harmonie Klengbetten um Fest vun de Pompjeeën an der Musek zu Rötenbach

Nodeems d'Klengbettener Musek schonn zwee mol am Schwarzwald bei der Rötenbacher Musek war an de Musikverein Rötenbach och schonn zu Lëtzebuerg war hate mir geplangt erëm eng Kéier an de Schwarzwald ze fueren. Den Ausflug war schonn éischter geplangt mee aus deene bekanntene Grënn hu mir misse bis dëst Joer waarden, wou dunn och den 150. Anniversaire vum 1872 gegrënntene Veräin vu Rötenbach stattfonnt huet. Och d'Feuerwehr Rötenbach sinn 1872 gegrënnt ginn an haten hiren Anniversaire zesumme mat der Musek gefeiert. Vum 29. bis den 31. Juli 2022 huet d'Rees vun der Klengbettener Musek stattfonnt. Vereenzelter haten d'Rees op privat Initiativ bis zu enger Woch verlängert. Ech war schonn en Dag éischter gefuer an hat profitéiert vun engem Dag Vakanz am Frankräich.

Éischten Dag: **D'Donauquell**

Freides moies huet den Ausflug dunn ugefaangen. Um 6 Auer war de Rendez-vous zu Klengbetten an um hallwer siwen ass de Bus vun der Musek gefuer. Déi meescht ware midd well se fréi opgestane sinn. Wou mir am Schwarzwald ukomm sinn si mir als éischt an de Restaurant Ochsen zu Donaueschingen iesse gaangen, wou e grousse Buffet fir eis preparéiert war. Duerno si mir duerch Donaueschingen getrëppelt wou mir ënnert anerem d'Quell vun der Donau gesinn hunn. D'Donau ass mat enger Längt vun 2857 km deen zweetlängste Floss aus Europa. Se fléisst duerch 10 Länner, sou vill wéi keen anere Floss op der Welt: Däitschland, Éisträich, Slowakei, Ungarn, Kroatien, Serbien, Rumänien, Bulgarien, Moldawien an Ukrain. Duerno si mir an den Hotel Lindenhof op Bräunlingen gefuer an hunn do agecheckt fir déi zwou Nuechten. Vu dass mir zu ronn 70 Leit waren hu mir souwuel d'Haaptgebai wéi och d'Niewegebai gebraucht. Owes si mir dunn op Rötenbach gefuer, op d'Fest vum 150. Anniversaire vun de Pompjeeën an der Musek (www.mv-roetenbach.de). Mir si gutt empfaange ginn a kruten e Buffet offréiert. Gespillt hunn anschliessend d'Gruppe Flatspin a Matzepan.

Zweeten Dag: **Leberkäse mat Spätzle**

Den zweeten Dag gouf et Kaffi ab hallwer siwen an et war och net fir ze spéit opzestoen, well um 9 Auer war den Depart fir an d'Brauerei Rothaus. Géint 10 Auer huet d'Visitt vun enger vun deene gréisste Brauereien ugefaangen, wou mir alles am Detail erkläert kruten (www.rothaus.de). Duerno hu mir kuerz viru Mëtteg deen éischte Concert op eiser Rees gespillt, e Concert-Apéritif vun der Klengbettener Musek am Biergarten vun der Brauerei Rothaus op 1000 Meter Héicht. D'Mëttegiessen krute mir duerno vun der Brauerei Rothaus offréiert. Als Haaptplat hate mir d'Wiel tëschent entweder Spätzle oder engem Stéck Leberkäse mat Püree. Ech hat mir e Stéck Leberkäse mat Spätzle gefrot.

Duerno ass et am Nomëtten zréckgaangen an den Hotel. Well awer net jiddereen am Nomëtten op d'Zëmmer wollt si mir zu puer op den Titisee gefuer wou mir ënnert anerem e Café glacé giess haten a mat engem Boot iwwert den Titisee gefuer sinn.

Owes si mir dunn erëm op d'Fest vun der Rötenbacher Musek gefuer, wou eng jonk Band aus dem Weste vu Lëtzebuerg opgetrueden ass.

D'Hunneg-Strëpp vu Klengbetten

D'Musikkapelle Kehlen huet um Fest e Concert gespillt. Dat war awer net déi mëttlerweil bekannte Grupp aus dem Lëtzebuerger Westen, mee eng Musek vum Bodensee aus Däitschland. Um 20 Auer ass d'Hunneg-Strëpp vu Klengbetten dunn opgetrueden. D'Leit ware begeeschtert vum Concert vun deenen 8 jonke Musikanten. Duerno ass nach d'Froschenkapelle opgetrueden.

Drëtten Dag: **Bekannte Besuch**

De leschten Dag ass et net grad esou frei fortgaangen a mir konnten a Rou de Saumon fumé um Buffet genéissen. Nodeems mir d'Wallis gepaakt haten si mir dunn géint 11 Auer erëm op d'Fest op Rötenbach gefuer. Wou mir ukomm sinn hat grad de Festgottesdienst mat der Fahrzeugweihung stattfonnt. Nodeems d'Mass fäerdeg war a mir deene Gleewegen all d'Prabbelien ewech geholl haten (well mir se gebraucht hunn), hu mir dunn op der Bün an der Sonn um Sonndeg e Frühschoppen Konzert gespillt. Dat war deen zweete Concert vun der Klengbettener Musek op eiser Rees. D'Gefierer vun der Feuerwehr Rötenbach waren och dee Dag um Fest ausgestallt. Um 15 Auer ass et dunn zréckgaangen op Lëtzebuerg. Och ech sinn dee Moment heem gefuer.

No knapp zwou Stonne war ech frou wou ech d'Stroossen aus dem Schwarzwald hannert mir hat an op enger franséischer Autobunn war. Op der Hallschent vun der Stréck hunn ech eng Paus gemaach a sinn einfach op iergendenger Plaz stoe bliwwen: d'Aire de Brumath. No enger hallwer Stonn Paus wollt ech erëm aus der Raststad eraus goen fir weider Richtung Lëtzebuerg ze fueren. Grad an deem Moment kënnt de Bus vun der Musek un an et komme lauter kënneg Leit eran.

Harmonie Kleinbettingen

Réckbléck vum Summerprogramm vun der Klengbettener Musek

Text & Foto : **Jil THURMES** **www.hklb.lu**

No der 1. Mee Feier an der Kommunioun zu Stengefort Mëtt Mee hunn d'Musekante vun der Klengbettener Musek fläisseg un engem neie Summerprogramm geprouft. Enn Mee hunn se déi éischt Stécker um traditionelle Kiermesconcert am Schoulhaff zu Klengbetten presentéiert. An deem Kader gouf och erëm op 2 Deeg verdeelt den Hämmelsmarsch duerch d'Stroosse vu Klengbetten gespillt.

Parallel huet d'Theaterequipe d'Theatersteck "Knätsch an Diamanten", wat 2020 leider last minute huet missen ofgesot ginn, erëm astudéiert, fir dëst Ufank Juni op 4 ausverkaafte Virstellungen opzeféieren. Och de Nowuess war am Virprogramm mat der klenger Satir „Et brennt!" op der Bün an huet op e néits hiert Kënne gewisen.

Mam Concert um UDGA-Museksdag op der Place d'Armes huet Concert-Saison ugefaangen. De Weekend drop hat d'Musek déi grouss Éier um Fräiraum Festival an der Philharmonie deelzehuelen. Mëtt Juli gouf et ee Quartiersconcert zu Klengbetten mat uschléissendem Iessen fir den Ofschloss vun der Saison ze feieren.

Enn Juli ass d'Klengbettener Musek bei hir Kolleegen op Rötenbach an de Schwarzwald gefuer, déi hiren 150. Gebuertsdag gefeiert hunn. 2 Concerten an d'Visitt vun der Brauerei Rothaus stoungen um Programm.

Traditionell huet d'Klengbettener Musek zesumme mat der Gemeng Stengefort den „Dag bei der Baach" Ufank September organiséiert. Am Park hannert dem Gemengenhaus zu Stengefort gouf et niewent den Handwierks- a Kënschtlerstänn ronderëm d'Baach, de „Faulen Eck" mat Cocktailbar souwéi eng Rei Animatioune fir Grouss a Kleng. Um musikalesche Programm stoungen d'Nobbie Dixie Band, Rumbaccoustic, de Jean Ziata, Powerblech an d'geSTRËPPs.

Mëtt September sinn d'Prouwen erëm ugaange mat Stécker ronderëm d'Thema „Videospiller", déi d'Klengbettener Musek zesumme mat hirem Nowuess um traditionelle Show-Concert, den 18. November 2022 an de Keeseminnen zu Stengefort wäerte presentéieren. Hei sidd dir elo schonn häerzlechst agelueden.

Quiz musical

"Musek vun A bis Z"

1er prix : 300 €
2e prix : 150 €
3e prix : 100 €

14 OCTOBRE
19h00

CENTRE MARTIALIS ELLANGE

1920-2020

Org. : Harmonie Municipale Mondorf-les-Bains

La participation d'une équipe comprenant trois personnes devra être confirmée à l'avance par virement de 30 € sur le compte LU66 0019 5455 2745 8000 (BCEE) de « HAR.MUN.MONDORF/BAINS-100 JOER » en mentionnant « Quiz musical » suivi du nom de l'équipe et ceci pour le *10 octobre* au plus tard

shoppi Total Mondorf à votre service
TOTAL
CASINO 2000 Mondorf-les-Bains, Luxembourg

avec le soutien financier du Ministère de la Culture
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture
SACEM Luxembourg

Leidelenger Musek

Concert „Lescht Prouf“ zu Leideleng

Text : **Guy GROSBER** | Foto : **Gérard LOUIS**

www.leidelengermusek.lu

Och dëst Joer huet d’Leidelenger Musek hier Traditioun bäibehalen, fir amplaz der leschter Prouf vun der Saison, ee Concert fir d’Leidelenger Leit, ze spillen. An de vergaangene Jor‘en ass dat an de verschiddene Quartier’en vum Duerf ofgehale ginn. Dëst Joer ass dee neie Quartier „Op Eelchesgewan“ auserwielt ginn. Fir dat Ganzt nach méi angeneem ze gestalten, huet de Supporterclub vun der Leidelenger Musek fir Iessen a Gedrénks gesuergt.

Ugefaange gouf de Concert vum Jugendorchester „Crescendi“. Déi 25 jonk Musikanten hu mat engem impressionnante Concert fir d‘Begeeschterung an d’Freed un der Musek, un d’Kanner an d’Awunner vum Quartier gedroen.

Duerno huet déi grouss Musek gespillt. Do hu verschidde Jongmusikanten aus dem „Crescendi-Ensembel“ och scho matgespillt. De Programm ass ganz gutt beim Publikum ukomm awer speziell dat Solostéck fir Euphonium „Gottfried auf Reisen“, dat vum Théo Fonck op excellent Aart a Weis virdroe gouf.

Sécherlech gëtt déi Traditioun vun der Leschter Prouf bäibehalen an „d’Crescendi“ wéi och déi ganz Leidelenger Musek sinn houfreg dee kulturelle Bäitrag an der Gemeng ze leeschten. Leidelenger Musek seet och der Gemeng Merci, déi gehollef huet, fir d'Platz anzeriichten.

Mir sichen /// Nous cherchons /// Wir suchen

Männer /// hommes /// Männer

Tenor I + II Bariton Bass

Prouwen /// Répétitions /// Proben → Dënschdeg /// Mardi /// Dienstag → (20h00 - 22h00)

WIEDER INFORMATIOUNEN OP WWW.MUSELDALL.LU

D'CHORALE MUNICIPALE SÄNGERBOND MUSELDALL WAASSERBËLLEG

ass e weltlechen Männerchouer mat Sänger aus 16 verschiddenen Uertschaften aus der Musel - a Sauerregioun.

Zanter 2011 gi mir vun der engagéierter a kompetenter Dirigentin Viviane Kohn-Hames dirigéiert. Is Gesangstécker gin vun der Klassik zum Vollekslidd, vum Schlager zum Chanson. Mir sangen an allen gängigen Sprochen.

CHORALE MUNICIPALE SÄNGERBOND MUSELDALL WAASSERBËLLEG 1897-2022

PRO GRAMM

De weidere Programm vum 125. Anniverseraire

Samschdeg, 15. Oktober 2022
um 20 Auer am Festsall

Een humoristeschen Gesangsowend mat Cojellico's Jangen an dem „Guest Star„ Yvon Streff.

Sonndeg, 13. November 2022
um 17 Auer am Festsall

„Petite Messe solonelle" vum Gioachino Rossini mat dem Kammerchouer Ambitus, Gesangsolisten an dem Orchester Gesangsolisten a klengem Orchester.

Sonndeg, 18. Dezember 2022
um 17 Auer an der Parkierch

Offschlossconcert mat der „Chorale Municipale" Sängerbond Museldall Wasserbëlleg, dem Bouwechouer „Pueri Cantores" aus dem Stater Conservatoire an engem Orchester zesummengestalt vun Museker aus dem OPL.

Pensé pour nos membres. Pas pour des actionnaires.

Devenez membre et profitez des avantages OPERA PLUS gratuitement pendant un an.

Pour plus d'informations, rendez vous sur raiffeisen.lu

Raiffeisen

La Banque qui appartient à ses membres

Chorale Municipale Grevenmaacher

Chorale vun Maacher um Tour

Text & Foto : **Comité vun der Maacher Chorale** **www.choralemaacher.lu**

Zäitrees Gréiwemaacher 9. Juli

Am Kader vun der „Maacher Zäitrees“ haat die Maacher Chorale e flotten Optrett fir 100 Joer Musellpromenade ze feieren.

Mat flotten Musellidder konnt och eis Publikum zum Matsangen animéiert gin.

Acceuil des nouveaux arrivants à Grevenmachern 19.7.2022

Wéi all Joer huet Maacher seng nei Matbierger am Kader vun engem flotten Programm begréisst.

All aktiv Veräiner hun sech an hier Aktivitéiten virgestallt. Esou och die Maacher Chorale mat engem klengen Concert

Kanner- a Jugendchouer Konsdref

Bësch-Rallye & Summerconcert

Text : **Marie-Paule PURAYE-WEWER** | Foto : **KaJuCo** **www.facebook.lu**

De Kanner- a Jugendchouer hat Sonndes, den 26. Juni 2022 op e flotte Bësch-Rallye & Summerconcert op d'Konsdrëffer Millen invitéiert. Vill Spaass hat souwuel d'Organisatiounsteam, wéi och d'Gruppen, déi matgaange sinn, am Reen, um Rallye. D'Eeërschéisse als Schlussspill vum Rallye war mega. Duerno stoung um Programm e flotte Summerconcert op der Konsdrëffer Millen. D'Publikum

war begeeschtert an d'Sängerinnen an d'Sänger mat hirem Dirigent Marc Loewen waren erëm frou a voller Energie fir e Live-Concert ze sangen, no all deene Corona-Nowéien. Nom Concert war d'Präisverdeelung vum Rallye. E grousse Merci u jiddereen dee matgesongen a matgehollef huet.

LUXEMBOURG PHILHARMONIA
ORCHESTRE SYMPHONIQUE

CONCERT D'AUTOMNE

Martin Elmquist, Chef d'Orchestre

Andrea Theato

Ech sinn an enger Musekerfamill opgewuess, an hunn doduerch d'Musek quasi mat an d'Wéi geluecht kritt. Schonn als klengt Kand war ech immens vum Piano begeeschtert an war ganz frou wéi ech an der Museksschoul zu Diddeleng an der Klass vum Romain Nosbaum ugefaangen hunn. Vun 2016 bis 2019 war ech Schülerin am Conservatoire du Nord an hunn mam André Roé mäin 1. Präis an och den Diplôme supérieur mat "Distinctioun" am Piano ofgeschloss. Duerno hunn ech um „Koninklijk Conservatorium" zu Bréissel Piano an der Klass vum Jan Michiels studéiert, hunn döst Joer mäi Bachelordiplom erreecht a bereede mech elo op de Master vir. Niewent der Ausbildung am Conservatoire a Masterklassen mam Kasia Wiczoreck a mam Uwe Brandt hunn ech bei verschidde Concoursen matgemaach, ennert anerem beim „Verband deutscher Musikschulen" wou ech zweemol een eischte Präis krut a Finalistin beim „Concours de Piano de Liège" gi sinn. Schonn 2019 hunn ech mam Luxembourg Philharmonia de Concerto No 20 a re mineur vum W.A. Mozart gespillt. Haut fréeen ech mech den 3. Concerto an do mineur vum Ludwig van Beethoven ze spillen. Ech wënschen lech ee schéinen Owend!

Ludwig van Beethoven: Concerto pour piano et orchestre nr 3

Dmitri Shostakovich: Symphonie nr 9

SYRKUS

Dimanche, 23 Octobre 17.00 hrs
Centre Culturel Syrkus, Roodt-Syr
2o € / jeunes, étudiants 12 €
Réservations: luxtickets.lu Tél: 47 08 95 1

VILLE DE LUXEMBOURG · streff · SDM · STEVENS & DE MUNTER · ScanShop · LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère de la Culture

Fanfare Municipale Luxembourg Bonnevoie

D'Bouneweger Musek um WMC zu Kerkrade

Text : **Barbara CARDOSO & Clarisse CAHEN** | Fotoen : **FMLB** **www.fmlb.lu**

Nodeems de WMC (World Music Contest) zu Kerkrade 2021 duerch d'Pandemie ofgesot gouf, huet d'Bouneweger Musek mat hire 65 Museker an hirem Dirigent dem Romain Kerschen dann dëst Joer de Wee an Holland fir déi 19. Editioun vum Concours fonnt.

De WMC gëtt all 4 Joer säit 1951 zu Kerkrade gehalen a gëllt als Weltmeeschterschaft fir Blos- a Perkussiouns Ensembelen. Wärend de 4 Wochen vum Concours (7. - 31. Juli 2022) koumen iwwer 20.000 Museker aus ënnerscheedleche Länner zesummen, déi a verschidde Kategorien an Divisiounen hiert Kënnen virgewisen hunn.

Den 22. Juli huet d'Bouneweger Musek sech dunn an der 1. Divisioun vun de Fanfaren der Jury gestallt. Mam Imposé Paradise Cave vum hollännesche Komponist Jacob de Haan hunn si hiren Optrëtt ugefaangen. Als zweet stoung d'Stéck Temptations um Programm, wat de lëtzebuergeschen Komponist Marco Pütz fir d'Bouneweger Musek komponéiert huet an deementspriechend zu Kerkrade uropgefouert gouf. Ofgeschloss huet d'Bouneweger Musek mam Stéck The Wilderness vum Rossano Galante.

Déi lëtzebuergesch Fanfare konnt mat hirer Musikalitéit an hirem Klang iwwerzeegen. Mat engem Resultat vun 86,67 Punkten konnten di Bouneweger soumat eng Goldmedaile mat Heem bréngen.

De Weekend zu Kerkrade huet sech nierwend der musikalescher Leeschtung awer och als flott Erliefnis gewisen, virun allem fir déi vill jonk Musikanten.

Zeréck zu Lëtzebuerg sinn d'Musiker bei hirer Arrivée vun de Schäffe vun der Stadt Lëtzebuerg an Députéierten Maurice Bauer a Laurent Mosar empfaange ginn. Den erfollegräiche Weekend gouf mat engem gemeinsame Schlussiesse gekréint.

D'Bouneweger Musek wëll och all deene Leit Merci soen, déi si op hirem Wee op Kerkrade ënnerstëtzt hunn an hinnen mat léiwe Wënsch nom Concours gratuléiert hunn.

MAKE IT BRASS FESTIVAL

CONCERT 1 — 28/10/2022 | 20h00 | 20 €

CUBE 521 À MARNACH
1-3 Driicht, L-9764 Marnach

MUSIQUE MILITAIRE GRAND DUCALE

Solistes
Marc GEUJON
Glenn VAN LOOY
Tommy VERSCHOORE

CONCERT 2 — 29/10/2022 | 20h00 | 20 €

CENTRE CULTUREL À WEISWAMPACH
9, Schullweeg, L-9990 Weiswampach

SPANISH BRASS

Soliste
Matthias HÖFS

CONCERT 3 — 30/10/2022 | 19h00 | 20 €

CENTRE CULTUREL À WEISWAMPACH
9, Schullweeg, L-9990 Weiswampach

Quatuor KIMOIZ

Soliste
Peter STEINER

BRASS BAND BUIZINGEN

Solistes
Adam RAPA
Peter STEINER
Ernie HAMMES

TARIF : 20 € / CONCERT
Réservations OBLIGATOIRES
Infos: www.makeitbrassfestival.com

www.makeitslide.be
www.makeitbrassfestival.com

Réservations :
TEL : + 352-661359544 *(Marianne Geiben)*
MAIL : reservationmakeitbrassfestival@gmail.com

Conception graphique flyer : www.loiclelandais.com

ADAMS · 30 bags Estuches y fundas para instrumentos musicales · Lemca musical instruments · lefreque dutch original sound solution · CARPE DIEM STORE carpediem-store.com · EASTMAN · Gebr. Alexander 1782 · BUFFET GROUP · AJ Atelier des Cuivres · Antoine Courtois Paris · K&G Kunzen & Gillert MOUTHPIECES · GENEVA GROUP · KRÖGER TRUMPETS · Vincent Bach · MASSEN enjoy shopping · AGAMI TRUMPETS · De klenge Maarnicher Festival · l'olifant · RuedesVents.com · Wämper Musik asbl.

Harmonie Municipale Echternach

Rückblick auf eine weitere Ausnahme-Saison 2021-2022

Text : **Mike NIEDERWEIS** | Foto : **Pierre WEBER & Harmonie Municipale Echternach** **www.hme.lu**

Die Echternacher Harmonie Municipale blickt auf eine weitere durchwachsene Saison 2021-2022 zurück. Das für den 8. und 9. Januar 2022 geplante traditionelle Neujahrskonzert 2022 musste, nach 2021, erneut abgesagt werden. Mir Ungeduld erwartete man wann man wieder in voller Besetzung, ohne Einschränkungen, zusammen musizieren dürfe. Als dies möglich wurde entschieden sich die Verantwortlichen kurzfristig zu einem Frühjahrskonzert für den 24. April 2022. Schnell wurde ein Programm zusammengestellt und in Rekordzeit einstudiert.

Highlight bei diesem Auftritt war sicherlich die Darbietung des Echternacher Daring-Liedes mit Emile Elsen, dies zu den Feierlichkeiten des lokalen Fussballvereins Daring der sein 100. Stiftungsfest feierte.

Nachdem Ende Februar 2022 der Ukraine-Konflikt anfing fanden auch viele Flüchtlinge den Weg in die Abteistadt. Schnell kam die Idee auf, beim Frühjahrskonzert die Eintrittskosten durch eine Spende zu Gunsten der ukrainischen Flüchtlinge zu ersetzen.

Diese Kollekte durchgeführt durch das Rote Kreuz Echternach am Ende des Konzertes und der Verzicht auf Gagen von mitwirkenden Musikern generierte den stolzen Betrag von 5000 Euro. Diese Summe wurde, in Form von 10 Euro-Einkaufsgutscheinen der Echternacher Geschäfte, zu einem späteren Zeitpunkt an die Flüchtlinge weitergeleitet. Die Vorstellung endete sehr ergreifend mit den Nationalhymnen der Ukraine und Luxemburg sowie der Europahymne und dies im Beisein von etwa 50 Flüchtlingen aus der Ukraine.

Offiziell wurden dann noch ein Scheck von 10.000.- € an die Gemeinde Echternach überreicht. Dieses Geld hatte die HME beim „Hämmelsmarsch“ im September 2021 zu Gunsten der Opfer des Hochwassers vom Juli 2021 gesammelt.

Beim Konzert „Music Open“ am Pfingstsamstag drehte sich im ersten Teil musikalisch alles um das Thema Frieden. Im zweiten Teil des Konzertes erinnerte die HME an das Wirken des Heiligen Willibrord in Echternach sowie seine Reise durch Europa.

Abgeschlossen wurde die Saison Mitte Juli mit einem Konzert in der Basilika, ein Jahr nach dem verheerenden Hochwasser in der Sauerregion. Hier hatte die Gemeinde, zusammen mit dem TRIFOLION und der Pfarrei Echternach, aufgerufen an die Ereignisse aus dem Vorjahr zurückzublicken. Mit kurzen Ansprachen, Lesungen von verschiedenen Texten und musikalischen Beiträgen des Basilikachors, des Basilikaorganisten Jos Majerus, von Ciaren Hagen sowie der HME verging der Abend sehr abwechslungsreich. Für die HME standen folgende Werke auf dem Programm: „Canterbury Chorale“ von Jan Van der Roost, „Canon en ré majeur“ von Johann Pachelbel in einem Arrangement von Daniel Heuschen sowie „Mandalen Landscapes“ von Philip Sparke.

Fest geplant für die kommende Saison sind schon die Neujahrskonzerte am 7. Und 8. Januar 2023 – in der Hoffnung, dass diese nicht erneut abgesagt werden müssen.

green

ARTIKUSS
28/10/2022
20.00 Auer

Zolwer Musek
Concert

Direktioun: Claude Origer

Frëndschaftsconcert mat der
Harmonie Victoria Téiteng
Direktioun: Gilles Burgund

Entrée 10€ (Studenten 7€) | Tickete just an der Oweskeess

IMPRIMERIE QUINTUS
www.imprimerie.lu

FABER
TRANSPORTS ET DÉMÉNAGEMENTS

summer sky
AGENCY

Préizerdauler Musik

Präsidentenwechsel bei der Préizerdauler Musik

Text & Foto : **Charles REISER** **www.musik-preizerdaul.lu**

Auf Marc Groben folgt Franz Hilger.

Die Suche oder die Besetzung des Präsidentenpostens bereitet bei vielen Ortsvereinen große Sorgen, ein Problem das bei der Préizerdauler Musik, Gott sei Dank, nicht der Fall war. Die diesjährige Generalversammlung am 29. April, war jedoch geprägt von der Demission ihres Präsidenten Marc Groben, dem Abschied von gleich drei langjährigen Musikanten sowie der beigeordneten Dirigentin Kerstin Plier. Marc Groben wird auch weiterhin der Ortsmusik als Musikant weiterhin treu bleiben. Trotzdem hielt der scheidende Vorsitzende darauf sämtlichen Vorstandsmitgliedern, Musikanten mit ihrem neuen Chef Christophe Terver sein aufrichtiger Dank für ihre Ausdauer und Einsatz sowie der Gemeindeverwaltung für ihre finanzielle Unterstützung im verflossenen Jahr, sein aufrichtiger Dank auszusprechen. Sein spezieller Dank galt den langjährigen und als Altersgründen scheidenden Musikanten, Edmond Manes, Jules Matgen und Ferdy Peschon die während vieler Jahre als aktive Musikanten der Musikgesellschaft treu geblieben sind und bei vielen Festlichkeiten mit Leib und Seele im Einsatz waren. Unter großem Applaus und als Dank wurde Ihnen ein Fotobuch mit unzähligen Aufnahmen aus einer unvergesslichen Zeit, geschenkt. Ferd Peschon konnte der Versammlung leider nicht beiwohnen und so wurde Ihm das Geschenk persönlich zu Hause übergeben. Auch Ady Muller wurde für seine Verdienste als Fähnrich und als langjähriges Vorstandsmitglied geehrt. Laut Sekretärin Mylène Schrenger waren die Musikanten bei 30 Proben, drei Konzerten, vier Auftritten und zehn Vorstandssitzungen stets gefordert. Eine gesunde Finanzlage konnte Max Els vorlegen, die als exakt von Marc Calmes und Daniel Roemen als einwandfrei befunden wurden. Ohne Einwand wurde Franz Hilger neu in die Vereinsspitze aufgenommen. Als relativ neuer Dirigent lobte Dirigent Christophe Terver die gute Ambiente im Musikverein, unterstrich den beispielhaften Einsatz bei den verschiedenen Konzerten was Ihm als Leiter der Musikgesellschaft auch für die Zukunft viel Freude bereitet. Beim Schlusswort und Glückwünschen an die scheidenden Musikanten ging Bürgermeister Marc Gergen auf die verschiedenen Aktivitäten der Préizerdauler Musik auf Gemeindeebene ein, mit der Hoffnung dass nach zwei harten Jahren bedient durch die Pandemie wieder Normalität einkehren kann und wünschte dem Ortsverein für die Zukunft auf kultureller Ebene weiterhin viel Freude und Erfolg. Im Verlauf einer speziellen Vorstandssitzung wurde Franz Hilger als einziger Kandidat zum neuen Präsidenten bestätigt. Die Vereinsführung sieht für die Zukunft so aus: Franz Hilger (Präsident); Martine Pütz (Vizepräsidentin); Mylène Schrenger (Sekretärin); Max Els (Finanzverwalter). Beisitzende Mitglieder sind: Jeanne Bormann, Danielle Roemen- Reiser, Laura Loes- Weis, Claude Kaufmann und Fähnrich Ady Muller. Dirigent bleibt: Christophe Terver.

Union Grand-Duc Adolphe

Märeler Big Band

D'MÄRELER BIG BAND invitéiert Iech ganz häerzlech op hire
GALA CONCERT ënnert dem Motto

FASCINATING RHYTHM

den 29. Oktober 2022 an de Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg.

Direktioun : Paul DAHM

Solistin : Nataša VLAOVIC

www.luxembourgticket.lu / +352 470895-1
EUR 20 l Fir Jonker : EUR 10

Leidelenger Musek

Kiermes zu Leideleng

Text : **Guy GROSBER** | Foto : **Leidelenger Musek** **www.leidelengermusek.lu**

Wat wier eng Kiermes ouni Hämmelsmarsch? Et wier wéi eng Quetschentaart ouni Quetschen. De Michel Lentz huet 1861 den Text zu dësem Vollekslidd, op eng Weis déi et schonns am 17. Joerhonnert gouf, geschriwwen. Bezunn op de Gewënn beim Schéissconcours op der Schueberfouer, dat Hämmel waren, ass den Text an den Titel entstan. An dobäi geet et ëm vill méi wéi dat. Kontakt, zesumme kommen, beienee sinn a feieren, Gesellegkeet, e Gefill vun Heemecht.

Zu Leideleng hale mir dës Traditioun an Éieren, an déi Leidelenger Leit, freeën sech all Joer drop wann d Musek spille oder soll ech schreiwen jénke kennt.

Et gëtt op ons gewaart fir eis en klengen oder groussen Don an d Bécks ze ginn, fir de Club mat senge ville jonke Museker ze ënnerstëtzen. Ass et Freides Mëttes den Tour duerch ons zône d'activité, wou Jugend nach an der Schoul ass, sou schaffen se Samschdes Mëttes gäre mat. Crescendi ons Jugendmusek verstäerkt faméiss déi 3 Equippen déi duerch Duerf spille ginn, sou datt mir Samstesmëttes och zur Zäit erëm zréck sinn fir op d'Kiermes ze goen an déi mat engem Hämmelsmarsch an enger Kiermes sou richteg opzemaachen.

Schued dat alles sou séier eriwwer ass. D'Leidelenger Musek freet sech schonns op déi nächste Kiermes 2023.

Société de Musique "La Lyre" Hellange

Fréijoersconcert 2022

Text : **Sandy REULAND** | Fotoen : **Hellenger Musek** **www.facebook.lu**

E Samschdeg, de 14. Mee hat d'Hellenger Musek op hire Fréijoersconcert invitéiert. Ënnert dem Motto „Rock meets Classic“ hat den Dirigent Marc Hemmer e variéierte Programm opgestallt. No der Usprooch vum President Michel Krischel huet de Schülerensembel mam Stéck „Jupiter Hymn“ aus „The Planets“ vum Gustav Holst de musikaleschen Optakt vum Owend gemaach.

Uschléissend huet de groussen Ensembel vun der Hellenger Musek iwwerholl.

An der éischter, méi klassescher Hallschent, konnt de Publikum Musek vu Bach, Beethoven an Tschaikowski genéissen.

Zum Ofschloss vum éischten Deel huet d'Jackie Hansen am „Wilhelm Tell Galopp“ als Solistin um Xylophon säin Talent ënner Beweis gestallt.

No enger Paus goung et dunn méi rockeg weider. Mat ënner anerem „Bohemian Rhapsody“, „Led Zeppelin“ an „Deep Purple“ ass et der Hellenger Musek gelongen säi Publikum weiderhin ze begeeschteren.

Concert d'honneur offert par l'UGDA

BRASS BAND
du Conservatoire
de la ville d'Esch-sur-Alzette

Direction : M. Claude SCHLIM

30 OCTOBRE a 16h00

Salle "AL THERMEN"
DOMAINE THERMAL
Mondorf-les-Bains

Soliste :
M. Olivier GRAVIER
(Euphonium)

1920-2020

Harmonie Municipale Mondorf-les-Bains

Réservation des places par virement du montant de 18,00 € (adultes)
sur le compte LU66 0019 5455 2745 8000 (BCEE)
de "HAR.MUN.MONDORF/BAINS-100 JOER" pour le 25 octobre 2022 au plus tard.
Caisse du jour à partir de 15h00
Entrée gratuite pour les enfants et jeunes de moins de 18 ans

shoppi Total Mondorf à votre service
TOTAL
CASINO 2000 Mondorf-les-Bains, Luxembourg

avec le soutien financier du Ministère de la Culture
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture
SACEM Luxembourg

Harmonie des Mineurs Esch-Alzette

Escher Biergaarbechter Musek

Text : **Laura ASCANI** | Fotoen : **Luisa ERRICO, Ville d'Esch, Eric ENGEL** **www.bame.lu**

ESCHER BIERGAARBECHTER-MUSEK AN DER CIPA ZU ESCH - CONCERT 11. JUNI

Den 11. Juni 2022 huet d'Escher Biergaarbechter Musek hiren traditionellen Mammendag Concert gespillt. Mier freeën eis all Joer an der Cipa zu Esch kënnen ze spillen an déi eelsten Mamm aus dem Haus mat engem Blumme Bouquet ze éieren. Och dat ass Traditioun ginn. Zum Schluss vun onserem Summer Concert sangen Dammen aus dem Haus den Mineur mat wat fir ons eng Éier ass.

BAME UM NATIONALFEIERDAG ZU ESCH

No 3 Joer Covid bedéngter Paus ass zu Esch nees en geweïnlechen Nationalfeierdag gefeiert gi. Zu dësem Ulass spillt Biergaarbechter Musek der Altesses Royales dem Grand-Duc Héritier Guillaume an der Grande-Duchesse Héritière Stéphanie de Lannoy den Mineur. Dëst Joer sinn eis Musekanten mat hirem Comité an de Kanner no villen Joren nees e kléngen Deel vum Cortège mat bis op Gemengeplaz gaangen an konnten virun der Éierentribün defiléieren.

BAME MEETS PHILHARMONIE – FRÄIRAIM FESTIVAL

Dëse Summer war eis Musek besonnesch houfreg fir beim Fraïram Festival an der Philharmonie kënnen dobäi ze sinn. Mier waren frou an och e bëssen stolz, datt mir bei dësem aussergeweïnlechem Projet konnten dobäi sinn. Op der Place de l'Europe hunn mer dem internationalem Publikum an eisen Musekskolleegen traditionell an modern Marschmusek gespillt. Mier waren frou konnten dobäi gewiescht ze sinn an, well mir d'Méiglechkeet kruten op enger wichteger Platz ausserhalb vun der Stad Esch ze spillen an eis Musek ze präsentéieren.

BAME IN THE CHITY – Concert am Boltgen an European People's Festival zu Schëffleng

Eiser Musek ass et am Summer net langweileg gi. Nodeems mir den 15 Juli 2022 e Summer-Concert op der Place Boltgen am Stadkär vun der Stad Esch gespillt hunn, waren mir houfreg, datt mer beim European People's Festival zu Schëffleng den 24. Juli konnten dobäi gewiescht ze sinn. Bei dësem Festival sinn mer e Cortège matgaangen bei deem net manner wéi 14 europäesch Länner mat gemaach hunn. An deem Sënn hunn mer Stad Esch vertrueden, wëll mer duerch eis Geschicht zum Kulturwiesen vun der Stad Esch gehéieren.

BAME UM LIBERATIOUNSDAG AN FAMILLJENDAG ZU ESCH DEN 10. SEPTEMBER

Den 10. September war dëst Joer en chargéierten Dag fir ons Musek. Moies huet eng Delegatioun vun eiser Musek zesummen mat der Stad Esch den Liberatiounsdag gefeiert. Op dësem Dag gedenkt eis Musek zesummen mat den Escher Veräiner an der Stad Esch den gefaalenen Zaldoten aus dem zweeten Weltkrich an den Dag, op deem d'Stad Esch vun den amerikaneschen Zaldoten befreit gouf.

Am Nomëtten konnt d'Biergaarbechter am Kader vum Escher Familljendag en Concert ënnert dem Parvis vun der Maison Edmond Muller Tesch spillen. Eisem Publikum hat et gefall trotz dem schlechten Wieder.

Bleift ofschléissend ze soen, datt d'Escher Biergaarbechter Musek houfreg ass, datt mer trotz Covid no 102 Joer nach ëmmer bestinn an motivéiert ass fir virun zesummen Musek ze spillen. Bei eis geet et virun allem, d'Spaass un der Musek ze hunn an d'Traditioun vum Bärbelendag, deen all Joer den 4. Dezember ass, opriicht z'erhalen. E groussen Merci geet do och un eis nei Presidentin der Ascani Diana wat mat Häerz a Séil eisen Veräin viru féiert. Och sinn mer stolz op eis kleng Kannersektioun, déi eis op munch Eventer konnten begleeden an eis Stécker op Concerten kënnen usoen. Wann Dir also och Loscht hutt, ären Feierowend an eng lëschteger Ambiance ze verbréngen an gären Musek spillt, dann zéckt net, an kommt an den Keller vun der Dellh'éicht Schoul zu Esch entweder Méindes oder Donneschdes um 19h30 luussen an drénkt e Patt zesummen mat eis. Oder schreift eis eng Mail op info@bame.lu oder huelt Kontakt op der Nummer: 691 732 237.

Gléck Op



Amis du Château de Bourglinster

41e Festival de Musique au Château de Bourglinster

Text : **Luc NILLES** **www.bourglinsterfestival.lu**

L'Association des Amis du Château de Bourglinster poursuit l'objectif ambitieux de promouvoir la mise en valeur culturelle et touristique d'un château aux attraits et aux succès incontestés. Ses concerts de musique de chambre et de chant, tout comme ses autres manifestations culturelles, ont fait de ce château, à vocation européenne, un centre culturel hautement réputé, loin au-delà des frontières de l'Europe élargie. Vous aussi, soyez bienvenu(e) parmi nous et appréciez l'esprit de ce lieu charmant lors de concerts dont l'atmosphère, au contact quasi immédiat avec les musiciens vous impressionneront profondément. En devenant membre, vous ferez partie d'une amicale dynamique, ayant à cœur l'animation culturelle et touristique constructives d'un château comptant parmi les joyaux les plus pittoresques et originaux de ce pays. Tout membre a le droit à une réduction sur le prix d'entrée de chaque concert.

Faites-vous le plaisir de vivre des moments agréables, dans un cadre se prêtant au mieux pour ce genre de musique offert.

Info : www.bourglinsterfestival.lu

Réservations : acb@pt.lu tél. : +352 788156

Le concert du 02.10.2022 aura lieu au Trifolion à Echternach

Le concert du 10.03.2023 aura lieu au Centre polyvalent Gaston Stein à Junglinster

Tous les autres concerts auront lieu dans la salle des chevaliers au château de Bourglinster.

02.10.2022 *	Hayoung Choi, 1ère Lauréate du Concours Reine Elisabeth 2022	17.00	heures
23.10.2022	Czech Philharmonic Quartet et Walter Civitareale	17.00	heures
13.11.2022	Soirée Lyrique	17.00	heures
27.11.2022	Trio Koch	17.00	heures
11.12.2022	Quatuor Lontano et Stéphanie Pochet	17.00	heures
08.01.2023	Duo Baeva-Kholodenko	17.00	heures
22.01.2023	Markus Groh, 1er Lauréat du Concours Reine Elisabeth 1995	17.00	heures
05.02.2023	Enseignants de l'Ecole de Musique d'Echternach	17.00	heures
26.02.2023	Kirsti Consort	17.00	heures
10.03.2023**	Musique Militaire Grand-Ducale et Jean Muller	20.00	heures
26.03.2023	Soirée Littéraire avec des auteurs luxembourgeois	17.00	heures
02.07.2023	Lauréats du Conservatoire de Musique du Nord	17.00	heures
09.07.2023	Lauréats du Conservatoire de Musique de la Ville de Luxembourg	17.00	heures



Merci aux donateurs

qui ont soutenu les activités culturelles de ses associations affiliées

Période de janvier à septembre 2022

A

Altmann Robert
Alzin Pierre
Ambitus
Anthon Christophe
Arendt Danielle
Arendt-Gaspard Paul
Arendt-Mangen Arthur
Asorne-Cattani Jean-Claude
Audry Jean
Aulner Marie-Louise

B

Bache Claude
Back-Schweich Victor
Bailleux Pierre
Barthelemy Marc
Bauler Pierre
Baulesch Gilbert
Baum Gilles
Baum Monique
Beffort Joelle
Beffort-Werdel
Behm Norbert
Bellion Raymond
Bentner Joseph
Bergmann Heinz
Bernardi-Scheer Franco
Bernard-Kauffman SARL
Bettendroffer-Nols Alice
Bicheler Jean-Claude
Biever Albert
Bintz Bob
Biren Edmond
Bisenius Gerard
Bisenius-Van der Stichele Martin
Bissen Marc
Biver Annick/Cottam James
Biwer-Erpelding Robert
Blum-Schanck Annette
Bock Marie-Jeanne
Bode Jacqueline an Jean-Marie
Bode Jacqueline et Jean-Marie
Boever Nadine
Bollendorff-Scheer Jean-Marie
